Detailer erkläert huet, géife mir natierlech och den Accord vun der LSAP zu dësem Projet de loi brëngen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Haagen. D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Majo, mir bleift just iwwreg, datselwecht ze soen: Merci dem Rapporteur an den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An d'Wuert huet elo den Här Gibéryen.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, kuerz zu dësem Projet e puer Wierder. Fir d'Eischt wëll ech och dem Kolleeg Eugène Berger Merci soe fir säi Rapport doriwwer, datt mer hei eng Décisioun vum Conseil vun der Europäescher Unioun vum 26. Mee 2014 iwwert d'Ressources propres ëmsetzen.

Den Eugène Berger huet erkläert, datt mer am Fong zënter 1970 dräi Ressourcen hunn, fir d'Europäesch Unioun ze finanzéieren. Dat sinn déi eege Ressourcen, déi se hunn, sief et, datt dat Participatiounen un den Droits, den Taxe vun der Douane sinn, déi an Europa importéiert ginn. Et kënnen awer och Steiere vun de Fonctionnairë sinn an et kënnen Amendë sinn, déi an Europa musse bezuelt ginn. Do derniewent hu se en Undeel vun den TVAen, déi d'Nationalstaten encaisséieren, zegutt. A se hunn dann d'Recetten zegutt, déi berechent gi bei den eenzelne Staten op den RNB.

D'Fro, déi mer stellen, an den Eugène Berger huet dat och virdru gesot, dat ass de Prinzip, datt am Fong kee Memberstat muss eng exzessiv budgetär Laascht droe vis-à-vis zu senger relativer Prosperitéit.

D'Fro, déi ee sech duerfir muss stellen, ass, firwat datt eng Rei vun europäesche Staten awer ëmmer an deenen Accorden, an zwar geet dat op den Ufank praktesch zréck, all Kéiers aner Staten oder ëmmer déiselwecht Staten Extrawurschten hei an dësem Zesummenhang berechent kréien.

Wa mer soen, datt am Fong kee Memberstat däerft méi belaascht ginn, wéi dat verdréiglech fir säi Land ass, da gesi mer awer, datt déi Länner, déi am Fong hei Déchargë kréien, datt dat awer net déi äermste Länner aus der Europäescher Unioun sinn, déi hei Déchargë kréien, well mer gesinn, datt Däitschland, Holland a Schweden net den integralen Taux vun der TVA musse bezuelen, wéi et fir aner Länner üüblech ass, dat sinn 0,30%, mä datt Däitschland, Holland a Schweden 0,15%, also d'Halschent musse bezuelen. Quitte datt Holland vun 0,10 op 0,15% elo eropgesat gëtt, mä se bezuelen awer e gutt Stéck manner, wéi déi aner Länner bezuelen.

An och Dänemark, Holland a Schweden hunn eng Reduktioun op der Basis vum RNB. An Éisträich kritt eng Kompensatioun, well op där anerer Säit eng Reduktioun ewechfält, vu 60 Millioune fir d'Zäitraim 2014-2016. An d'Englänner kréien déi vun der Madamm Thatcher agedriwwen Vergënschtegung och erëm weider bis 2020 verlängert.

An dat ass am Fong d'Fro, déi sech hei stellt: Firwat gëtt et do eng Rei vu Länner, déi finanziell jo awer net schlecht dostinn - et si jo net déi äermste Länner aus Europa, déi hei Déchargë kréien -, firwat kréien déi déi? Wat sinn d'Argumenter, fir datt se déi kréien?

An op där anerer Säit, wann déi Länner esou Déchargë kréien, firwat huet d'Lëtzebuerger Regierung da keng Argumenter gehat, fir och fir onst Land do Déchargen ze kréien? Oder muss Lëtzebuerg och eng Kéier en David Cameron kréien, deen zu Bréissel d'Interesse vu Lëtzebuerg vertrëtt?

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Eng aner Fro, déi sech stellt, dat ass, datt dat heiten eng Retroaktivitéit kritt op den 1. Januar 2014. An et steet am Text dran, datt deen Accord a Kraaft trëtt, ech mengen, 14 Deeg, nodeem dat leschte Land beim Sekretariat seng Ratifikatioun déposéiert huet. Mä den Accord ass retroaktiv op den 1. Januar 2014.

D'Fro, déi ech nach do un den Här Minister hunn, Här President, dat ass, ob, wéinst der Retroaktivitéit, déi Berechnungsbasis, déi mer elo hate fir 2014/'15, och schonn opgrond vun dësem Accord gemaach ginn ass, oder ass dat nach opgrond vun deem Accord virdrun?

An anere Wierder: Gëtt deen Accord, deen nach net ratifizéiert ass an net juristesch applikabel ass, schonn ugewannt oder net? A wann, wat fir eng Répercussiounen hätt dat op d'Budgeten, déi scho laanscht sinn, déi scho quasi ofgeschloss sinn? Misste mer do nobezuelen? Kréiche mer Suen erëm?

Et ass natierlech, an et hunn och scho Virriedner gesot, opgrond vun der Fiche financière net méiglech, eng Estimatioun ze maachen, wat dat genau fir de Lëtzebuerger Budget bedeit, op jidde Fall net fir déi Joren, déi duerno kommen. Fir ´14/´15 misst ee se kënne maachen. Do weess een, wat den RNB war. Et weess een, wat ee vun TVA erakritt huet. Do kéint een zumindest jo déi Estimatioune maachen. Dat ass am Zesummenhang mat där Fro, déi ech elo grad gestallt hunn, ze gesinn.

Wat kloer ass, ass, datt een net fir déi Jore bis 2020 kann eng Estimatioun maachen, wéi den RNB ausgesäit a wéi d'TVA-Recetten ausgesinn.

Mir wäerten et vun den Äntwerte vum Minister ofhängeg maachen, ob mer dësem Projet zoustëmmen oder net.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun, an den Här…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, wann ech gelift! D'Sensibilité!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Oh! Oh!

(Hilarité)

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech hat awer e puermol ganz kloer d'Hand ausgestreckt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, wësst Der, an Zukunft mellt Der lech matzäit,…

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- … dann ass et méi einfach. Dir hutt awer d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech muss lech soen, ech sinn duerch déi ganz interessant Diskussioun hei inspiréiert ginn, fir iwwerhaapt eppes dozou ze soen.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Virun allem vun deem, wat de Vertrieder vun der ADR a senger typescher ADRs-Manéier erëm eng Kéier gesot huet, wou en eng Reduktioun fir de Lëtzebuerger Bäitrag - wou ech awer wëll soen, Lëtzebuerg ass och e räicht Land - wëllt hei kréien. Also, mir froe sécher keng…

(Brouhaha)

Mir froe sécher keng Reduktioun um lëtzebuergesche Bäitrag an dem EU-Budget. Mir wäerten och dee Projet hei stëmmen, obschonn ee kann diskutéieren iwwert d'Aart a Weis, wéi dat opgeschlësselt ass tëschent de Länner. Do wier selbstverständlech villes nach ze soen.

Wat awer fir eis wichteg ass an deem heite Projet, dat ass, dass en alt erëm eng Kéier weist, wéi ongenügend dass d'Finanzéierung vun der Europäescher Unioun ass an dass dat eigentlech de Problem ass, virun deem mer stinn.

1% vum Räichtum vun all de Länner, dat ass de Budget vun der Europäescher Unioun. Et wiere souguer 1,23%, mengen ech, méiglech. Mä et ginn der a Wierklechkeet nëmmen 1% ausginn. An do gesäit ee ganz kloer, wou d'Problemer leien.

D'Problemer leien och eiser Meenung no doranner, dass d'EU keng Ressources propres eigentlech huet. Dat heescht, et kéint ee sech virstellen, dass d'EU géif eng Steier ophiewen, zum Beispill eng Finanztransaktiounssteier ophiewen, zum Beispill eng Verméigenssteier ophiewen. Eréischt da kéinte mer ufänken an der Europäescher Unioun, eng wierklech Politik ze maachen. An ech mengen, d'Besoine si ganz kloer do. Et ass e Besoin do. Zum Beispill an der Flüchtlingsfro gi Sue gebraucht. Et gi Sue gebraucht, wat d'Strukturfongen ugeet, fir déi strukturschwaach Länner ze ënnerstëtzen.

Dat sinn déi eigentlech Enjeuen, déi sech an Zukunft stellen. D'Europäesch Unioun gëtt entweder eng Transferunioun oder et gëtt eng Unioun, déi dobaussen net méi akzeptéiert gëtt. Et kann nëmmen eng Transferunioun ginn. D'Droite ass do dergéint natierlech, an d'ADR ass och do dergéint, dass et eng Transferunioun gëtt,…

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

…esou wéi d'CSU an Däitschland an esou weider. Firwat? Well se net wëllen, dass eng Solidaritéit an Europa de Grondprinzip vum Fonctionnement gëtt, esou wéi Solidaritéit eigentlech de Grondprinzip vum Fonctionnement vun all Stat ass. Dat ass den eigentleche Problem.

Mir stëmmen trotzdeem fir dee Gesetzesprojet hei, wéi ech gesot hunn. Mä an Zukunft an och, wa mer deen Débat d'orientation iwwert d'Zukunft vun der Europäescher Unioun féieren, musse mer eis ganz seriö déi Gedanken do maachen, a wat fir eng Richtung, a wat fir eng finanziell Richtung d'Europäesch Unioun sech an Zukunft muss weiderentwéckelen, wa se iwwerhaapt soll eng Zukunft hunn.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann huet elo de Finanzminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, obwuel jo hei vill Konsensus besteet, huet d'ADR mer jo hei e bëssen en Défi gemaach, dass ech se soll iwwerzeegen, derfir ze stëmmen. Elo hoffen ech, dass ech dann deen Exame packen.

Fir d'Éischt, fir ze insistéieren, dass deen heite Projet sech haaptsächlech, en fait nëmmen op d'Recettë vun dem europäesche Budget konzentréiert, net op d'Dépensen, an zwar fir eng Period vu siwe Joer vun 2014 bis 2020. Ech hu mech och vill mat dem europäesche Budget d'lescht Joer beschäftegt am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence, vu dass mer hu missen de Budget vun den Dépensë fir 2016 an eiser Présidence verhandelen an dass mer dat relativ gutt iwwert d'Bühn krute mat enger grousser Majoritéit am Europaparlament, déi d'Lëtzebuerger Présidence gelueft huet.

Et ass ganz richteg, wa gesot gëtt, dass d'Moyenen, déi Europa sech gëtt a sengem Budget, vill ze kleng sinn. 1%, et ass wouer, 1% vum PIB ass d'Limitt, déi de Moment en vigueur ass. An en fait kéint ee méi héich goen, mä dat ass nach net de Fall. An dofir kann och den europäesche Budget net all deene Missiounen, déi ee sech kéint wënschen, entgéintkommen.

De Prinzip ass deen, dass keng Charge excessive soll engem Land opgedroe ginn. Dat ass richteg. Mä an engems gëtt och gesot, dass verschidde Länner méi bezuelen an anerer manner. Dofir gëtt et zwou Kategorië Länner am Budget, an de Budgetsrechnungen: déi Länner, déi „contributeur net" sinn, déi, déi ebe méi abezuelen, wéi se erauskréien, an déi aner. Lëtzebuerg ass natierlech bei de Contributeurs nets.

A wann den Ënnerscheed tëschent deem, wat een erabezilt an erauskritt, ganz grouss ass, da kann ee verschidden Ajustementer kréien. Dat ass d'Äntwert op d'Fro, firwat verschidde Länner dann aner Tauxen hunn. Dat ass, well den Écart bei hinne ganz grouss ass.

Wat elo Lëtzebuerg ubelaangt, ass et esou, dass mir e Contributeur net sinn. D'Ziffere si genannt ginn. Mir bezuele ronn a mir hunn an de leschte siwe Joer ronn zwou Milliarden abezuelt a mir hunn 1,5 Milliarden erëmkritt. Dat heescht, mir hunn ongefëier 500 Millioune méi abezuelt. Mä mir dierfen net vergiessen, dass Lëtzebuerg jo eng Plaz ass, wou d'europäesch Institutiounen zu engem groussen Deel hire Sëtz hunn, an dass eis Regierunge virdru sech geschloen hunn an den 80er Joren, fir dass justement all déi Käschten, déi domat verbonne sinn - dat sinn administrativ Dépensen -, dass déi Lëtzebuerg net ugerechent ginn. An do war e Wëllen an den 80er Joren, fir justement déi Dépensë Lëtzebuerg unzekräiden. An da wäre mer nach vill méi e grousse Contributeur net ginn.

Do huet ee missen e ganz staarke Match maachen, fir d'Europäesch Kommissioun an d'Institutiounen ze iwwerzeegen, dass déi Dépensen, déi hei getätegt ginn, dass déi net als Dépensen en faveur vu Lëtzebuerg gezielt ginn. Déi sinn also neutraliséiert ginn. An där Hisiicht mengen ech, dass Lëtzebuerg net negativ hei behandelt ginn ass. An dofir mengen ech och, dass ee ka soen, dass mer zwar ee Contributeur net sinn, mä natierlech d'Avantagen hunn, hei Siègë vu villen Institutiounen ze hunn, wat wéineg aner Länner hunn.

Zu der Fro iwwert d'Retroaktivitéit ass et elo esou: Effektiv trëtt déi nei Regelung iwwert d'Recettë vum Budget vun Europa eréischt dann a Kraaft, wann alleguerten d'Länner dat gemaach hunn, retroaktiv. De Moment, an déi Fro ass gestallt ginn, dat, wat Lëtzebuerg fir 2014 an 2015 abezuelt huet, ass gerechent ginn op deen ale Plang vun 2007 bis 2013. Dat heescht, do wäert och nach eng Korrektioun kommen, wann dat neit Reglement a Kraaft trëtt.

An de toute façon sinn eng ganz Rëtsch Saachen, déi all Joers dat nach hei influenzéieren. Vum britesche Scheck ass geschwat ginn. Mä och all Joers kann e Budget rectificatif oder e puer am Europaparlament an am Conseil gestëmmt ginn. An och dat huet dann erëm eng Kéier en Impakt op dat, wat ee schlussendlech bezilt. A letztendlech, och d'Amenden, déi jo all Joers variéieren, ginn och imputéiert op d'Cotisatioun oder op d'Contributioun, déi all Land muss maachen. Dat heescht, déi Zifferen hei sinn nach ëmmer relativ provisoresch.

Mä mir suivéieren dat natierlech als Finanzministère ganz genau, dass déi Rechnunge richteg gemaach ginn a Lëtzebuerg dat bezilt, wat et muss bezuelen.

Ech soen lech Merci an ech soen dem Eugène Berger Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an dëser Matière, déi zwar e bësse komplizéiert ass, mä wou den Enjeu an déi Suen, ëm déi et geet, awer ganz vill sinn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da kënne mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6920 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet 6920 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Et bleift d'Fro, ob mer d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ginn.

(Assentiment)

Dat ass de Fall. Dat ass dann esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6410, de Projet de loi, deen eng Ofännerung vum Jugendgesetz brëngt. D'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Gilles Baum.

12. 6410 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, an der Regel verloossen d'Gesetzestexter d'Chamber seelen esou, wéi se déposéiert goufen. A verschiddene Fäll proposéiert d'Regierung Amendementer oder déi zoustänneg Kommissioun proposéiert Amendementer. Meeschtens kënnt et och zu Opposition-formelle vum Statsrot, soudass den Text muss ofgeännert ginn.

Dee virleiende Projet de loi 6410, deen d'Gesetz iwwert d'Jeunesse aus dem Joer 2008 ofännert, huet e bësse vun allem. E gouf zweemol vun der Regierung ofgeännert. Et goufen Opposition-formelle vum Statsrot, an och d'Éducatiounskommissioun huet Amendementer eragereecht. Ech wäert am Laf vu menger Ried am Detail drop agoen, wat d'Knackpunkte vun dësem Projet waren a firwat et net evident war, eng Léisung ze fannen.

An de leschte Joren huet de Secteur vun der Kannerbetreiung zu Lëtzebuerg eng rasant Entwécklung matgemaach. Gouf et 2004 hei am Land 7.712 Plazen a Betreiungsstrukturen, esou waren et der d'lescht Joer 51.124. Dat entsprécht enger Relatioun Offer-Populatioun vun 63%. An anere Wierder, knapp zwee Drëttel vun de Kanner am Alter tëschent 0 an 12 Joer hu bei eis am Land eng Plaz an enger Betreiungsstruktur.

Derbäi kommen nach knapps 700 Dageselteren, bei deenen och nach eng Kéier 3.728 Kanner betreit ginn.

De Chèque-service, deen 2009 agefouert ginn ass, war sécherlech e wichtege Bäitrag beim Ausbau vun der Kannerbetreiung. Haut profitéiere vum Chèque-service accueil ronn 43.100 Kanner.

Ech kommen elo zu den Neierunge par rapport zum Chèque-service, déi an dësem Gesetz festgehale ginn.

An Zukunft wäerten déi sportlech an déi kulturell Aktivitéiten net méi iwwert de Chèque-service accueil ofgewéckelt ginn, mä direkt iwwert déi zoustänneg Ministèren. De Chèque-service accueil gëtt deemno nees op säin urspréngleichen Zweck, näämlech d'Kannerbetreiung, reduzéiert.

Och a Saache Berechnung vum Chèque-service a senger staatlecher Participatioun un de Fraise vun der Kannerbetreiung ännere sech e puer Saachen. De Montant vum Chèque-service änert jee no Prestatiounen, déi an Usproch geholl ginn. Dat sinn 3,50 Euro fir eng Stonn bei enger Dagesmamm oder engem Dagespapp, 4,50 Euro fir e Mëttegiessen an enger Betreiungsstruktur a 6 Euro fir eng Stonn Betreiung an enger Crèche. Dës Montante si pro Kand applikabel.

An de Montant, dee vum Stat am Kader vum Chèque-service ausbezuelt gëtt, hänkt an Zukunft also souwuel vun der Prestatioun of, vum Revenu vum Ménage, vun der Zuel vun de Kanner, déi am System sinn an dovunner profitéieren, an awer och vun der Zuel vun de Stonnen, déi an Usproch geholl ginn. D'Notioun vum Rang vum Kand, déi verschwënnt a se gëtt ersat duerch d'Zuel vun de Kanner, déi am System Chèque-service accueil dra sinn.

Wichteg ass och ze soen, dass de Chèque-service net un d'Kanner oder un d'Elteren ausbezuelt gëtt, mä un de Prestataire. An en contrepartie ass de Prestataire gehalen, eng qualitativ héichwäerteg Betreiung unzebidden, déi de Kritäre vum neie Referenzkader entsprécht.

Här President, d'Stéchwuert „Referenzkader" féiert mech zu enger weiderer Neierung, déi am virleienden Text wäert a Kraaft trieden. Wann et am Ufank vun de Chèque-servicen haaptsächlech drëm gaangen ass, den Opbau vun de Strukturen an der Kannerbetreiung virunzedreiwen an iwwerhaapt emol eng Offer op dësem Gebitt unzebidden, esou huet sech de Schwéierpunkt an de leschte Joren awer méi a Richtung vun der Qualitéit vun der Betreiung verlagert. Och do hu mir zu Lëtzebuerg nach e bëssen Nohuelbedarf.

Dat wëllt net heeschen, dass an de Crèchen, an de Maison-relaisen a bei den Dageseltere keng gutt Aarbecht geleescht gëtt. Ganz am Géigendeel! Mä et geet drëms, fir e Kader ze setzen a Konditiounen ze definéieren, an deenen dës Aarbecht soll geleescht ginn. Mir sinn eis heibannen, mengen ech, alleguerten eens, dass déi éischt Joren am Liewe vun engem Kand vun entscheedender Bedeitung fir seng Entwécklung sinn. Deemno ass d'Politik och an der Flicht, fir en entspriechende Kader ze suergen. Haut hu mir Normen, wat d'Héicht vun engem Krunn an enger Crèche ugeet, awer zum pädagogesche Volet,...

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.-* ...also zu der eigentlecher Aarbecht mat de Kanner, wat jo awer de wichtegsten Deel vun der Betreiung ass, hu mir kaum Referenzen oder Regelen! Abee, dat soll a wäert sech elo änneren.

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Exzellent!

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.-* Wa mer déi ausserfamiliär an ausserschoulesch Betreiung als Moyen fir méi Chancëgläichheet ugesinn, da komme mer net derlaanscht, fir e System op d'Been ze stellen, an deem fundamental Prinzipien, Contenuen, Methoden a Moyenen, fir d'Qualitéit ze assuréieren, festgeschriwwe ginn. Esou e System ass an dësem Projet de loi virgesinn an e baséiert op fënnef Elementer: den nationale Referenzkader „Éducation non formelle des enfants et des jeunes", wou déi generell Ziler an déi grondleeënd pädagogesch Prinzipie vun der nonformaler Bildung fir Kanner a Jugendlecher festgeschriwwe ginn.

Et handelt sech heibäi ëm folgend Beräicher: Kreativitéit a Konscht, Sproochenentwécklung, Bewegung, Wäerter a Participatioun, Emotiounen, Wëssenschaft an Technik, Gruppendynamik an Autonomie. Et geet hei ëm Léieren duerch Erliewen. Et geet hei ëm Léieren duerch Entdecken.

Beim Concept d'action général, fir d'Dageselteren e Projet d'établissement, beschreift deejéinege Prestataire seng Démarche, fir d'Qualitéit vun der Betreiung ze assuréieren. Am Journal de bord, Rapport d'activités vun den Dageselteren, ginn déi eenzel Tâchë fixéiert an déi verschidden Aktivitéiten, déi mat de Kanner gemaach ginn, dokumentéiert. Eng obligatoresch Weiderbildung vun op d'mannst 32 Stonnen iwwer eng Period vun zwee Joer fir d'Personal an de Betreiungsstrukturen a respektiv 20 Stonne fir Dageseltere sinn och virgesinn. De Suivi vun der éducativer Praxis an deenen eenzelne Betreiungsstrukture fir d'Kanner a Jugendlecher respektiv bei den Dageselteren ass an dësem Gesetz och virgesinn.

E puer Erklärungen zu den eenzelne Punkten.

Den nationale Referenzkader gëtt vun enger Kommissioun ausgeschafft an dem Éducatiounsminister proposéiert. D'Membere vun dëser Kommissioun, déi sech aus Vertrieder vu verschiddene Ministèren an Organisatiounen, déi am Kanner- a Jugendberäich täteg sinn, zesummesetzt, gi fir dräi Joer genannt.

An deem Kontext wëll ech soen, dass eise Referenzkader eng Aart Pionéieraarbecht duerstellt. Mir sinn eent vun deenen éischte Länner, déi sech esou ee Kader ginn hunn, deen déi gesamt nonformal Bildung vu Kanner a Jugendlechen ëmfaasst, vun der Betreiung vum klenge Kand bis hin zu Aktivitéite mat de Jugendlechen. Mir ass gesot ginn, dass aner Länner mat groussem Interessi eis Aarbechte verfollegen an dass si dorun interesséiert sinn, sech un eisem Modell ze inspiréieren.

De Concept d'action général ass am Fong geholl déi praktesch Ëmsetzung vun de generellen Objektiver a Prinzipien, déi am Referenzkader festgehale gi sinn. Mat dësem Projet ginn och déi sougenannten Agents régionaux «enfance et jeunesse» agefouert. Dës Leit, déi beim Service National de la Jeunesse affektéiert sinn, hunn ënner anerem d'Missioun, fir ze kontrolléieren, dass d'Konzepter, déi d'Strukture sech ginn, agehale ginn, dass d'Dispositiounen a Saache Weiderbildung respektéiert ginn an dass Recommandatiounen ausgeschafft ginn, wéi d'Qualitéit op eenzelne Punkte ka verbessert ginn.

Dëse Leit kënnt deemno eng ganz wichteg Roll zou, wann et ëm d'Verbesserung vun der Qualitéit an der Kannerbetreiung geet. Déi regional Agente sinn dann och gehalen, regelméisseg Rapporten ze schreiwen iwwert d'Visitten, déi si bei den eenzelne Prestatairë maachen, op d'mannst ee Rapport pro Joer respektiv esou vill Rapporten, wéi si et fir ubruecht fannen.

Eng weider Aufgab vun den Agents régionaux besteet doranner, ze préiwen, ob déi éducativ a pädagogesch Praxis am Aklang mat den Objektiver, déi den eenzelne Prestataire am Concept d'action général festgehalen huet, steet. Dëst geschitt duerch eng Analys vum Journal de bord, an deem all Aktivitéite festgehalen an dokumentéiert ginn.

Eng qualitativ héichwäerteg Kannerbetreiung setzt natierlech och en entspriechend gutt formëiert Personal viraus. An duerfir ass et wichteg, dass déi Leit, déi an dësem Beräich schaffen, hir Kenntnisser a Kompetenze regelméisseg opfrësche respektiv erweideren an dass si sech och selwer Gedanke maachen iwwer hir berufflech Praxis a wéi si déi eventuell verbessere kënnen. Duerfir gëtt mat dësem Text och eng obligatoresch Weiderbildung festgeschriwwen.

D'Aféierung vun dëser Obligatioun, fir sech weiderzebilden, setzt natierlech och viraus, dass dës Formatioun koordinéiert an organiséiert gëtt. Aus deem Grond ass am virleienden Text dann och eng Kommissioun virgesinn, déi déi entspriechend Formatioun koordinéieren a validéiere soll.

D'Anhale vun de Kritären aus dem Referenzkader ass obligatoresch fir all Prestataire, dee vum Chèque-service profitéiere wëllt. An anere Wierder: kee Chèque-service, wann ee sech net un dës Virgaben hält! Prestatairen, déi sech net un de Referenzkader halen, kënnen net méi vum Chèque-service profitéieren, verléieren awer net hiren Agrément, dee si iwwert d'ASFT-Gesetz kritt hunn.

Här President, ech kommen dann elo zu där Fro, déi dobaussen am meeschten thematiséiert gëtt, dat ass d'Fro vum Zougang zum System vun de Chèque-servicen, déi oft och verkierzt als d'Fro vun der Exportabilitéit bezeechent gëtt.

Wëssend, dass den Uerteeler vum Europäesche Geriichtshaff aus deene leschte Joren eng relativ large Interpretatioun a Saache Familljenzoulagen zugronn louch, huet d'Regierung décidéiert, d'Residenzklausel beim Chèque-service net oprechtzëerhalen. Domat ass d'Regierung och der Recommandatioun vum Statsrot nokomm, dee sech a senge verschiddenen Avisen ëmmer nees fir esou eng Décisioun staarkgemaach huet.

A mengem schréftleche Rapport hunn ech déi entspriechend juristesch Iwwerleeunge prezis duergeluecht. Ech wäert mech duerfir hei op e puer Punkte beschränken.

A sengem Arrêt vum 20. Juni 2013 huet den Europäesche Geriichtshaff am Kader vun der Reform vun de Studentebourse geuerteelt, dass eng Differenzéierung tëschent Résidenten an Netrésidenten net zoulässeg wär an dass d'Netrésidentë respektiv hir Kanner och e Recht op dës Form vun Ënnerstëtzung hunn. Den Europäesche Geriichtshaff handhabt dësen Ausschloss vun den Netrésidentë vun enger staatlech finanzieller Ënnerstëtzung ganz restriktiv.

Am Fall, wou mir beim Chèque-service d'Residenzklausel bäibehalen hätten, wär et zu enger weiderer Veruerteelung vu Lëtzebuerg um Europäesche Geriichtshaff mat Sécherheet komm.

Jo, et ass richteg, wa gesot gëtt, dass mir am Moment nach keen Uerteel a puncto Chèque-service hunn! Mä d'Regierung an och d'Éducatiounskommissioun an hirer Majoritéit waren a sinn der Meenung, dass et besser ass, proaktiv ze agéieren, wéi e weideren Imageschued fir eist Land an eng weider Veruerteelung a Kaf ze huelen.

Dëst ass net den eenzege Punkt, deem mir hu misse Rechnung droen. Well d'Suen, déi am Kader vum Chèque-service ausbezuelt ginn, net un déi concernéiert Eltere ginn, mä un d'Betriber, déi eng wirtschaftlech Aktivitéit ausüben, huet och déi europäesch Legislatioun a Saache Statsbäihëllefe misse respektéiert ginn. Deem gouf ënner anerem doduerch Rechnung gedroen, dass déi accordéiert Hëllef net iwwert de Montant vun deene Fraise kann erausgoen, déi dem jeeweilege Prestataire duerch d'Obligatiounen, déi e wéinst dem Chèque-service respektéiere muss, entstinn.

De But vum System Chèque-service accueil ass also net, fir d'Akommessituatioun vun den Eltere vun deene betraffene Kanner ze verbesseren. Villméi besteet d'Zil doranner, fir eng qualitativ héichwäerteg Offer an der Kannerbetreiung opzebauen, wat engersäits als e Bäitrag zu enger besserer sozialer Kohäsioun ze gesinn ass an op där anerer Säit awer och d'Kanner soll op déi spéider Scolarisatioun am Lëtzebuerger Schoulsystem preparéieren.

Här President, enk verbonne mat der Fro vum Zougang zu de Chèque-servicen ass och d'Fro, ob Betreiungsstrukturen am Ausland kënnen an de System opgeholl ginn. An d'Äntwert op dës Fro ass relativ einfach: jo. De Wee fir dohinner allerdéngs, deen ass net esou einfach, well d'Prestatairen, déi dat wëlle maachen, gradesou wéi d'Prestatairen hei am Land all Kritären aus dem nationale Referenzkader erfëlle mussen, fir kënnen an de Genoss vum System Chèque-service accueil ze kommen. Voilà.

Also, all déi Kritären, déi ech virdrun opgezielt hunn, vum Plan d'action général iwwert de Journal de bord, déi obligatoresch Stonne fir d'Formation continue vum Personal, d'Kontroll duerch déi nei Agents régionaux. Et geet also net duer, wéi heiansdo dobausse vereinfacht duergestallt gëtt, fir eng Persoun anzestellen, déi Lëtzebuerger Sproochkenntnisser huet, an hopp ass een am System mat dran! Esou einfach ass et definitiv net.

Ech widderhuele mech duerfir an deem Kontext gären nach eng Kéier. Wann de Prestataire am Ausland wëllt kënne vum Chèque-service profitéieren, gëlle fir hien déiselwecht Usprëch an déiselwecht Kritären a Saache Qualitéit vun der Betreiung, wéi se fir d'Prestatairen hei am Land gëllen, net méi an net manner.

Här President, wat d'Avisen zum virleienden Text ugeet, esou wëll ech mech op d'Ausso beschränken, dass an deene verschiddenen Avisen ëmmer nees haaptsächlech och d'Fro thematiséiert ginn ass, näämlech vum Zougang zum System vum Chèque-service accueil. Fir den Detail zu allen Avisen, an et sinn der insgesamt 16 an d'Chamber erakomm, erlaben ech mer, op de schréftleche Rapport ze verweisen, well dat géif wierklech de Kader vu menger Riedezäit komplett sprengen.

Zum Schluss vu mengen Ausféierunge wëll ech awer e puer Mercie lassginn. Fir d'Alleréischt de Kolleeginnen an de Kolleegen aus der Éducatiounskommissioun fir déi kontrovers, awer ëmmer konstruktiv Zesummenaarbecht. Merci och de Beamten aus dem Éducatiounsministère ronderëm den Här Manuel Achten, den Här Patrick Thoma an den Här Patrick Hierthes fir hir fachlech a juristesch Begleedung an dësem dach komplizéierten Dossier. E Merci och un d'Sekretariat aus der Chamber, un d'Madamm Joëlle Merges, an un de Philip Modert aus der DP-Fraktioun fir hir Hëllef bei der Redaktioun vun dësem Rapport.

Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Baum. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Hetto-Gaasch.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6410 ass vun der Familljeministesch Madamm Marie-Josée Jacobs 2012 an der Chamber déposéiert ginn. An et ass och derwäert, fir e puer Wuert ze verléieren iwwert de Kontext, aus deem eraus dëse Gesetzesprojet entstanen ass.

A ganz ville Famillje mussen d'Leit zu zwee schaffe goen, soudass d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff zu enger regelrechter Erausfuerderung ginn ass, ganz besonnesch natierlech fir déi elengerzéiend Familljen. An de vergaangene Jore goufen op dem Gebitt vun der Garde vun de Kanner ganz grouss Efforte gemaach. Eng ganz Rei vun ënnerschiddleche Modeller si lues a lues entstanen, queesch duerch d'ganzt Land, dacks op Initiativen och vu Gemengen, mat staatlecher Ënnerstëtzung: Crèchen, Foyer-de-joure fir Kanner, Maison-relaisen - de leschte Modell, deen deemno en place gesat ginn ass.

Tëschent 2004 an 2014 sinn d'Plazen a Crèchen, d'Foyeren an d'Maison-relaise vu 7.700 op 51.000 Plaze geklommen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg eng 1.444 Strukture fir Kanner. No dësem quantitativen Ausbau vu Kanner- a Jugendbetreiungsstrukture wäert mat dësem Gesetzesprojet verstäerkt op d'Verbesserung vun der Qualitéit gesat ginn. Verschidden Instrumenter sinn hei virgesinn.

Zum Beispill ginn d'Strukturen obligéiert, sech opgrond vun engem nationale Referenzkader en eegent pädagogescht Konzept ze ginn an d'Ëmsetzung vun dësem Konzept an enger Aart Logbuch ze dokumentéieren. 23 sougenannten Agent-régionalle gi beoptragt, ze kontrolléieren, ob d'Haiser hiert Konzept, dat se fir d'Haus développéiert hunn, dann och ëmsetzen. Doriwwer eraus muss d'Personal an de Strukture pro Joer u verschiddene Weiderbildungen deelhuelen. Strukturen, déi sech deenen neien Oplagen entzéien, riskéieren déi finanziell Ënnerstëtzung vum Stat ewechgeholl ze kréien.

Mir als CSV begréissen et, dass Efforte gemaach ginn, fir d'Qualitéit an d'Sécherheet an de Betreiungsstrukturen ze verbesseren. Mir mussen awer och feststellen, dass nach ganz vill Froen opstoe bleiwen. Geet et mat 23 Agents régionaux duer, fir ronn 1.444 Betreiungsstrukture kënnen ze kontrolléieren?

A ville Strukture gëtt niddreg qualifizéiert Personal agestallt, dacks op Basis vun 10/12-Stonneverträg. Hir Formation continue gëtt proportionell zu hiren absolvéierten Aarbechtsstonne berechent. Kann een domadder nach sécherstellen, dass duerch déi puer Stonne Formation continue de Qualitéitsniveau ugehuewe gëtt?

Nei ass och, dass duerch Amendements gouvernementaux vum Februar 2015 par rapport zum initialen Text d'Clause de résidence erausgeholl ginn ass, an domadder steet de Chèque-service och de Kanner vu Frontalieren zou.

En aneren Aspekt, deen an de Projet derbäigesat gouf, ass de Fait, dass Crèchen an der Grenzregioun kënnen opgemaach ginn an dann och vun dem Chèque-service accueil profitéieren, wa si sech un de Referenzkader halen.

Mir als CSV stellen eis och hei eng ganz Rëtsch Froen. Laut enger Äntwert op eng Question parlementaire vum Marc Spautz kéinte bis zu 5.500 Frontalierskanner an de Genoss vun de Chèque-servicë kommen. Ass dat finanziell, logistesch machbar an tragbar? Schonn elo sinn d'Capacitéite vun de Gemengen um Maximum.

Wéi gesi Kontrollen aus vu Crèchen, déi am Grenzgebitt hir Dieren opmaachen? Well déi musse sech net un eis sozial Legislatioun oder un eise Kollektivvertrag halen. Hu mer genuch Personal, fir esou enger potenzieller Hausse vu Plaze gerecht ze ginn?

Ech kommen am Laf vu menger Ried nach op déi eenzel Kritikpunkten zréck.

Ech géif wëllen ufänke mam Cadre de référence. Et ass absolutt ze begréissen, dass mer mat dësem Gesetzesprojet op de Wee ginn, eng systematesch Qualitéitssécherung an de Kanner- a Jugendbetreiungsstrukturen anzeféieren. Duerch de Referenzkader fir nonformal Bildung ginn déi allgemeng Ziler an och pädagogesch Themefelder beschriwwen. Op Basis vun dësem Kader ass et dann un deenen eenzelne Strukturen, hiert eegent Konzept ze definéieren, e Konzept, dat op déi regional a lokal Spezifissitéiten an op hir Populatioun zougeschnidden ass.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Déi sozialpädagogesch Équippen hunn eng Missioun, si hunn en Optrag, näämlech all

Kand a senger Entwécklung esou ze begleeden, dass et sech kann entfalen, dass et seng Kompetenzen, seng Perséinlechkeet, seng geeschteg a seng kierperlech Fäegkeete kann entwéckelen, egal mat wéi engem Background, egal mat wéi enge sproochleche Virerfahrungen et an der Struktur ukomm ass.

Heifir brauch dat pädagogescht Personal Kompetenzen, déi si och ëmmer erëm musse weiderentwéckelen iwwert de Wee vun der Formation continue. Ech komme spéider dorobber zréck.

Si brauchen dofir déi néideg Empathie a Sensibilitéit, fir dës Aufgab kënnen ze erfëllen. Si si wichteg Bezugspersoune fir d'Kanner a versichen, e Gläichgewiicht tëschent engersäits den individuelle Besoine vum Kand an anerersäits den Ufuerderunge vun der Grupp, an där d'Kand dës nonformal Bildung erlieft, hierzestellen.

Am Leitfaden sinn dës Aufgabeberäicher fir déi eenzel Altersstufe ganz genee beschriwwen. Et kann een do ganz gutt noliesen, wéi den Erzéier sech an deene verschiddene Stufen an de jeeweilege Situatioune soll abréngen. Dëst alles klengt duerchduecht, ass et jo och, klengt plausibel.

Wann een dann awer den Detail kuckt, da stelle sech dach awer eng ganz Partie Froen. Ech erlabe mer op dëser Plaz, ganz speziell op de Beräich vum ganz klenge Kand anzegoen. Ech zitéieren: „Ein hohes Maß an Verfügbarkeit einiger weniger Bezugspersonen garantiert dem Kind ein Gefühl der Sicherheit und befriedigt sein Bedürfnis nach Nähe." E bësselche méi wäit: „Die Fachkräfte nehmen die nonverbalen und verbalen Signale von Kindern auf und reagieren angemessen darauf." Dat alles ass schéin a gutt. Et ass och wënschenswäert. An ech sinn och iwwerzeegt, dass all Erzéier säin Allerbescht mécht, fir dat doten och an der Praxis ëmzesetzen. Just, dat ass alles net esou einfach, wéi et um Pabeier steet!

Wéi wëllt Dir dann, wann Dir eleng sidd mat sechs Bëbeeën, jo, dat ass de Schlëssel an dëser Altersgrupp, jo, also sechs Bëbeeën, déi sech eventuell zur selwechter Zäit wëlle matdeelen a vun lech eng Reaktioun op hir Signaler erwaarden, wéi wëllt Dir do all Kand déi néideg Attentioun zoukomme loossen? Dat ass net méiglech, well ee sech jo net kann an dräi a scho guer net a sechs diebelen.

Wéi wëllt Dir, wann Dir eleng sidd mat sechs Bëbeeën, all Kand säi biologesche Rhythmus respektéieren, seng spontan Bedierfnisser no Zouwendung, Spill oder och nach Rou erfëllen? Wa mer also dës ambitiéis Ufuerderungen un d'Personal stellen, wat sécher wënschenswäert ass, wa mer dem Kand wëllen eppes Guddes undoen, da musse mer eis awer och d'Moyene ginn, dat an d'Praxis ëmzesetzen! Wa mer eis déi Moyenen näämlech net ginn, da wuessen hei ganz vill frustréiert Kanner op, déi hir primär Bedierfnesser net erfëllt kréien, déi, well hir Bindungsbedierfnesser net erfëllt sinn, keng Sécherheit a kee Wuelbefannen erliewen, och net wäerten ufänken, hir Ëmwelt ze erfuerschen an hir Intelligenz ze entwéckelen.

Wat dat fir Konsequenzen am spéideren Alter huet, dat brauch ech, mengen ech, kengem heibannen ze erklären! Do kréie mer iergendwann eng ganz deier Rechnung presentéiert. Duerfir sollte mer hei net op der falscher Plaz spueren.

Bedenken zu dësem éischte Punkt also: Et ass gutt geduecht, Pabeier ass gedëlleg, mä wa mer net derfir suergen, dass mer de Personalschlëssel, ganz besonnesch bei deene ganz Klengen, adaptéieren, wa mer net derfir suergen, dass bei Bëbeeë Personal schafft, dat och spezifesch fir dës Alterskategorie ausgebilt ass, wa mer net derfir suergen, dass grad an dësem Grupp esou mann wéi méiglech Wiessel beim Personal ass, wa mer net grad an dësem Grupp derfir suergen, dass esou mann wéi méiglech Leit mat Temps partiel schaffen, da bleift dat hei, zumindest fir dës Altersgrupp, Wonschdenken, mä et wäert net kënnen esou ausgefouert ginn, wéi d'Auteure sech dat hei erwaarden. Datselwecht gëllt am Fong geholl och fir déi aner Alterskategorien.

Fakt ass, dass e groussen Undeel vum Personal niddreg qualifizéiert ass. Ech soen domadder net, dass dës Persoune keng gutt Aarbecht leeschten. Mä d'Fro an d'Zweifel si berechtegt, ob d'Personal a villen Ariichtungen déi optimal Viraussetzunge mat sech bréngt, fir déi éiergäizeg Zilsetzunge vum Referenzkader kënnen ëmzesetzen.

Fir all Alterskategorie vun de Kanner gëllt: Mir brauche genuch Personal, gutt ausgebilt Personal, fir déi Aufgabestellung, déi dëse Referenzkader mat sech bréngt, och kënnen ze bewältegen. Dat ass de Wonsch vun de Leit um Terrain, déi gäre géifen eng gutt a wäertvoll Aarbecht maachen. Ech géif duerfir e waarmen Appell maachen, de Schlëssel vum Personal an de Pourcentage vun de jeeweilegen erfuerderte Qualifikatioune vum Erzéiungspersonal ënnert d'Lupp ze huelen an de Gemengen an deenen aneren Träger och déi noutwendeg Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen, fir d'Qualitéit um Terrain ëmzesetzen. Mir investéieren hei an d'Zukunft an dat ass ee gudden Invest!

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Referenzkader gesäit och vir, dass dem Kand seng Entwécklung méiglechst selbstbestëmmend verleeft. Scho ganz kleng Kanner virum Antrëtt an de Schoulzäitalter sollen dierfe selwer entscheeden, wat si wëllen a wat net. Sou solle si zum Beispill beim Iesse kënnen décidéieren, wat, wivill a wéini si eng Molzecht zou sech huelen. Si solle selbstbestëmmend Bewegungserfahrunge maachen an dobäi vum Personal zum Ausprobéieren encouragéiert ginn. „Selbstbestimmung" an „Selbsterfahrung" sinn do Schlësselwierder. D'Erzéier sollen do éischter begleedend schaffen. Si mussen d'Kanner zur Selbstbestëmmung uleeden.

Bedenken zu dësem zweete Punkt: Bis dato hate mer éischter e rigouréis straffe Kader, an deem den Alldag sech ofgespillt huet, wou kloer Regele bestanen hunn, wou de ganzen Dag iwwer e Programm war, wou d'Kanner total encadréiert waren an dacks iwwerfuerdert ware vun ze vill Programm. Elo gi mer hin zu Selbstbestëmmung a méi Fräiraum. Ee grousse Spagat!

An do froen ech mech: Ab wéi engem Alter ass e Kand à même, selwer ze bestëmmen, wat fir et gutt ass a wat net? Si kleng Kanner vun zwee bis dräi Joer wierklech à même, selwer ze bestëmmen, wéini si iesse ginn, wat a wivill si iessen? Stelle mer dann och nach ëmmer sécher, dass se sech variéiert a gesond ernären, wa mer hinnen de Choix iwwerloossen? Si se à même, selwer hir Grenze festzeleeën? Si se à même, sech richteg anzeschätzen? A wéi kann et nach zu Gruppenaktivitéite kommen, wa mer de Kanner iwwerloossen, selwer ze entscheeden, ob se un enger Aktivitéit deelhuelen oder net? Kann een dann nach vu Sozialiséierung am Grupp schwätzen?

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt eng Villfalt vu pädagogesche Konzepter, dorënner d'Selbstbestëmmung. A mir leenen och d'Konzept vun der Selbstbestëmmung net of. Mä dëst Konzept wërft awer Froen op a verlaangt, dass gewësse Konditiounen am Virfeld erfëllt sinn, fir dass et och iwwerhaapt ëmsetzbar ass.

Et ass jo net esou, dass d'Erzéier keng Aarbecht méi hunn an deem Fall, mä si mussen hir erzéieresch Aufgab aneschters wouerhuelen: sech Zäit huelen, fir Ateliere virzebereeden, fir de Kanner de Choix ze loossen, sech sënnvoll ze beschäftegen, d'Kanner dobäi ze begleeden, se ze beobachten an hinnen Alternativen ze proposéieren, wa se erkennen, dass se iwwerfuerdert sinn.

Ass d'Personal op dës dach awer verännert Aufgab preparéiert, fir dass net aus Mëssverständnisser eraus herno bedenklech Praxen um Terrain entstinn? Erkennt d'Personal d'Besoine vun de Kanner? Ass et à même, eng Hierarchie vun dem Kand senge Bedierfnisser opzestellen? Wéi gutt si besonnesch jonk Mataarbechter op dës Aufgab preparéiert? Ass dat, wat hei iwwert de Referenzkader gefuerdert gëtt, och genügend an hirer Formation initiale virgesinn? Oder kéint de Minister sech virstellen, en zousätzleche BTS vun zwee Joer unzebidden, deen zum Beispill ganz besonnesch d'Klengkannerbetreiung am Fokus hätt?

Ech ginn och nach ze bedenken, dass hei vill Mataarbechter schaffen, déi „training on the job" maachen, well se net deeselwechten entwécklungspsychologeschen a sozialerzéieresche Bagage hu wéi hir Kolleege mat engem staatlechen Erzéierdiplom. Wa mer vum Personal verlaangen, dass et sech senger bildungspolitescher Verantwortung bewosst gëtt, dass et Schoulkanner fachlech kompetent begleet, dass et d'Kanner an hirer Eenzegaartegkeet wäertschätzt a vertrauensvoll Bindungen zu hinnen opbaut, dass et ressourcenorientéiert an authentesch ass, da froen ech mech, wéi mer iwwert dëst Gesetz wëlle sécherstellen, dass och jiddweree vun den Intervenanten aus der Équipe iwwert dës Kompetenzen, iwwert dëse Bagage verfüügt, deen d'Conditio sine qua non ass, fir dat Ganzt och ëmzesetzen!

Duerfir wier et wichteg, fir déi sozial Beruffer en transparente Kompetenzkader auszeschaffen, deen no Qualifikatiounsgrade gestaffelt ass, an dat fir déi gesamt Kannerbetreiung.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, kleng Kanner ginn net eens mat ze vill Autonomie. Si sinn iwwerfuerdert vun ze vill Fräiheet. Si mussen an hirem Choix guidéiert ginn. Kleng Kanner brauchen e Kader, an deem se sech bewegen, si brauchen och kloer Spillregelen. Dëst gëllt a ganz villen Elterenhaiser an och an der Schoul!

An domadder kommen ech zu de Bedenke vu mengem drëtte Punkt: Wéi soll e Kand sech zurechtfannen, wann an der Crèche an an der Maison relais Selbstbestëmmung d'Leitmotiv ass an dernieft an der Schoul - ech sinn elo bei de Schoulkanner - awer e Kader virgi gëtt, wou jiddweree sech muss u Spillregelen halen, wou och an engem Elterenhaus Regele bestinn, déi da kollidéiere mat deem, wat dagsiwwer an der Maison relais gëllt?

Ech ginn lech e Beispill, e reellt Beispill: D'Joffer aus der Spillschoul besteet drop, dass d'Kanner, wa se mam Turnen a Spillen an der Sportshal fäerdeg sinn, d'Material fein an anstänneg araumen, esou wéi dat och virgesinn ass. Déiselwecht Kanner aus der Maison relais kommen och an d'Hal spillen a mussen dës Regelen awer net onbedéngt applizéieren, well si solle selwer décidéieren, ob si dat elo fir gutt an och noutwendeg empfannen.

Elo froen ech: Wéi gëtt d'Kand dann domadder eens? Owes kënnt et heem, huet seng Hausaufgaben nach net gemaach, well: „Die Kinder können mitentscheiden, wann sie ihre Hausaufgaben erledigen." Et ass also vläicht deen Dag net méi duergaangen, se ze maachen. An d'Eltere si verluer mat hiren Ufuerderungen un d'Kand. An tëschent all deene steet d'Kand, wat net méi weess, wat richteg ass a wat net!

Dëst Beispill weist, dass, wann net iwwergräifend an der Schoul an an der Betreiungsstruktur déiselwecht Messagë gëllen, mer dann heimadder just een eenzege grousse Chaos fabrizéieren. An de Leidtragenden ass d'Kand, dat hin- an hiergerappt ass tëschent senge Bezugspersounen an der Schoul, an der Maison relais an och doheem! Duerfir ass et och esou wichteg, dass d'Elteren an dëse ganze Prozess matagebonne ginn.

D'Erzéier dokumentéiere jo fir all Kand, wéi et sech weiderentwéckelt, wéi et seng Bezéiung zu anere Kanner opbaut, wéi säi soziaalt Léieren ausgesäit a wéi realitéitsno et seng eege Kompetenzen aschätzt. Et ass wichteg, dass d'Elteren dovunner a Kenntnis gesat sinn, dass d'Elteren och matschaffen.

Wat also de Referenzkader ubelaangt, esou gesitt Der, dass dee gutt geduecht ass, mä eng Hällewull u Froen opwërft a ganz sécher net vun haut op muer ëmzesetzen ass. Et fonctionnéiert, wann déiselwecht Spillregelen an der Maison relais an an der Schoul gëllen, esou wéi dat wuel an enger Ganzdagsschoul fonctionnéiert.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu jo heimadder elo de Profill vun der nonformaler Bildung kloer gekläert, mä misst et dann net an Zukunft och esou sinn, dass d'Schoul sech an Zukunft ka méi op hire formale Bildungsoptrag konzentréieren?

Dann e Wuert zur Formation continue. Eng gutt Saach u sech, eppes Wichteges, wann ee wëllt assuréieren, dass dat gesamt Personal och ee gudde Background huet, fir sengen Aufgabe kënnen nozekommen. Mä hei geet et awer och drëms, derfir ze suergen, dass d'Formation initiale an d'Formation continue matenee vernetzt sinn, fir eng kohärent Formatiounspolitik kënnen ze offréieren.

Deemno, wéi gesot ginn ass, eng ganz wichteg Aufgab fir déi Kommissioun, déi dës Koordinatioun muss hikréien an de Lien mat der Formation initiale onbedéngt muss am A behalen. Iwwregens wier et och net vu Muttwëll, wa mer esou eng Koordinatiounskommissioun fir de ganze Secteur vun der Action sociale et éducative hätten, fir dass all Akteuren aus der Formation initiale an déi aus der Formation continue net laanschteneen, mä zesumme schaffen.

Dann d'Agents régionaux: 23 Agents régionaux gi rekrutéiert, déi dann och iwwerpréiwe ginn, ob d'Haiser hire Concept d'action général ausgeschafft hunn, en ëmsetzen, e Journal de bord féieren an hir Leit och an d'Formatioune schécken. Do stellt sech d'Fro: Ginn déi 23 Leit wierklech duer?

Et klengt logesch, dass ee wierklech wëllt kontrolléieren, ob sech un déi Oploe gehale gëtt, wann een de Chèque-service accueil wëllt kréien. Manner logesch ass et awer dann an eisen Aen, dass dës Agenten net spontan optauchen, fir ze kucken, ob alles klappt. Neen, si sinn eng ganz Zäit am Viraus ugemellt a komme mat hirer Fiche, wou se dann ofhaken, ob de Journal de bord kohärent ass mat dem Concept d'action général. Si evaluéieren d'Projete vun der Qualitéitsentwécklung a ginn och nach Recommandatiounen. Mä si hu keng eege Befugnesser an erstatten dem Minister eigentlech just Bericht!

Sollten do Saache bemängelt ginn, da muss de Prestataire reagéieren, wann en net wëllt de Chèque-service accueil ewechgeholl kréien. Allerdéngs ass deen Délai tëschent dem Avertissement vum Minister an deem Moment, wou de Prestataire sech muss conforméieren, net preziséiert. Eréischt wann no engem weidere Contrôle festgestallt gëtt, dass de Prestataire net en règle ass, gëtt eng Mise en demeure geschwat, wou e sech dann an engem Délai tëschent aacht Deeg an engem Joer muss conforméieren.

Mir bedaueren, dass hei vill Zäit verluer geet, dass net prezis schonn ab där éischte Kéier kloer gesot gëtt, wéi laang dass de Prestataire huet, fir sech en règle ze setzen. Deemno wéi vergeet do méi wéi ee Joer! An dat ass eng laang Zäit an der Entwécklung vun engem Kand, wou ee ganz villes ka falsch maachen!

Mir bedaueren awer och, dass dës Agenten net genuch Handlungsfräiheet hunn, fir séier an effikass kënne bei noléisseger Betreiungsaarbecht ze intervenéieren. Hei gëtt virun allem eng Pabeiersaarbecht gemaach. D'Checklëschte ginn ugekräizt an Dokumenter ginn hin an hier geschéckt.

Wier et net och wichteg, grad just am Kannerbetreiungssecteur eng Aart Beschwerdemanagement ze hunn, äänlech wéi de Médiateur en santé am Gesondheetssecteur, wou Professioneller oder Elteren, firwat net och Kanner, kënnen hir Doléancen a Suerge matdeelen, wou Berichter gemaach ginn, wou och bei Bedarf kann Opklärungsaarbecht geleescht ginn a wou virun allem, wann et muss sinn, direkt kann intervenéiert ginn? Mir wiere frou, Här Minister, wann Der nach eng Kéier géift doriwwer nodenken.

Dann ee Wuert zu den Horairen. Wéisou gouf net och am Gesetz festgehalen, dass d'Gestionnairë musse méi flexibel Horairen ubidden, net just rigid ganz oder hallef Deeg reservéieren? Mir sinn eis bewosst, dass dat vun der Organisatioun hier net esou einfach ass, mä mir kënnen net op där enger Säit den Elteren Tempspartielle schmackhaft maachen an op där anerer Säit refuséiert de Gestionnaire den Elteren, dass si hir Kanner just fir dräi hallef Deeg oder just wärend gewëssene Periode kënnen an d'Struktur bréngen. An do dierfen d'Gestionnairen, déi bereet sinn, mat op deen dote Wee ze goen, net finanziell ofgestrooft ginn!

Dann e puer Wierder awer zur bilingualer Erzéiung. Déi soll jo deemnächst ulafen. An do froe mer eis: Wéi soll den Iwwergang tëschent Sproocheférderung an enger Crèche an där am Précoce geschéien? Detailer gëtt et doriwwer keng. Wéi wichteg d'Sprooche sinn, gesäit een awer am Cadre de référence, well do gëtt gläich op e puer Plaze vun der Sprooch geschwat. Do steet zum Beispill: „Kontinuierliche Sprachförderung stellt eine Querschnittsaufgabe dar. Der erfolgreiche Erwerb einer Zweitsprache beziehungsweise aller weiteren Sprachen wird durch eine gut entwickelte Erstsprache unterstützt und ergänzt."

D'Pädagogen an d'Pädagoginne solle sech och hirer Roll als differenzéiert Sproochevirbiller bewosst ginn. Dat klengt gutt! D'Fro ass awer, Här Minister: Wéi soll dat an der Praxis, an och mat wéi engem Personal, ëmgesat ginn?

Dir wëllt gäre gratis Bilingualbetreiung fir Kanner ab engem Joer aféieren am Hierscht. Wéisou geet keng rieds an dësem Gesetz vun deem Concept de promotion linguistique? Misst dat net e Gesamtkonzept sinn? Wéi soll dat fir herno och all Kanner garantéiert ginn? Och dorobber krute mer an der Kommissioun keng Äntwert.

An à propos bilingual Erzéiung: All Sproochewëssenschaftler seet, dass eréischt, wann déi éischt Sprooch gutt etabléiert ass, et och méi liicht ass, eng zweet ze léieren. E Kand muss näämlech e reelle Besoin erkennen, wéisou et mat enger Persoun soll an enger anerer Sprooch kommunizéieren, wéi mat senger Mammesprooch. Bei Elteren, déi jiddwereen eng aner Sprooch schwätzen, erkennt d'Kand natierlech ganz kloer dee Besoin, mä wuel kaum bei wiesselndem Erzéierpersonal.

Awéifern huet de Minister do e wëssenschaftlecht Konzept um Dësch leien, wat beschtefalls och uknäppt un de Précoce, deem seng eigentlech Aufgab et jo war, d'Lëtzebuergescht als Integratiounssprooch ze férderen? Wéisou bessere mer net einfach emol no bei deene Saachen, déi am Moment schonn en place sinn, amplaz alles op d'Kopp ze geheien a méi Duerjerneen ze maachen, wéi d'Saach wäert ass?

Entwécklungspsychologesch gesinn ass et geféierlech, eppes ze maachen, wann een net genee weess, wat a wéi. Et entsteet just eng zousätzlech Stresssituatioun souwuel fir d'Erzéier wéi och fir d'Kanner. Et kann een averstane sinn, fir plazeweis Pilotprojeten ze maachen a se dann iwwer e längeren Zäitraum ze evaluéieren, awer op kee Fall flächendeckend

esou Neiausriichtunge maachen, wou souguer d'Fachleit ënnerschiddlecher Meenung sinn!

An dann d'Exportabilitéit vun de Chèque-servicen, déi mer net méi esou nennen. Neen, well deen Dag, wéi de Rapport an der Kommissioun ugeholl ginn ass, hu mer den Term „Exportabilitéit" ersat duerch „Accès à l'aide financière accordée par l'État".

De Minister huet op e puer Plaze behaapt, an dat ass och de Mëtten erëm confirméiert ginn, dass och auslännesch Crèchë kënne Prestataires de chèques-services accueil ginn. Mir wëlle gäre vun him wëssen, op wéi een Artikel e sech hei baséiert, fir dat ze behaapten. Well am Artikel 24 steet kloer, dass ee muss laut eisem ASFT-Reglement agreéiert sinn. An dat gëtt vun OPJe kontrolléiert. Eng auslännesch Crèche ass net vum ASFT-Gesetz concernéiert. Deemno froen ech: Hunn eis OPJen d'Recht, an d'Ausland kontrolléieren ze goen? Ech mengen net!

Da steet och nach do - an dat ass ganz wichteg -, dass d'Finalité de l'aide geduecht ass, fir engem Objectif de politique nationale d'intérêt général nozekommen. Am Artikel 22 geet rieds iwwert der Crèche hir Mission de service public an - lauschtert gutt no! - déi besteet doranner, dass d'Integratioun vun de Kanner soll gefërdert ginn, dass se solle fit gemaach ginn, fir an der Lëtzebuerger Schoul kënne scolariséiert ze ginn!

Ass de Minister wierklech der Meenung, dass auslännesch Betriber, Organismen, eng Mission de service public fir Lëtzebuerg kënnen exekutéieren? Wéi erkläert Dir, dass eng Crèche am Ausland dës Objektiver kann erfëllen?

Sidd Dir der Meenung, dass eng Crèche zu Arel d'Integratioun vun engem Kand an der Lëtzebuerger Gesellschaft ka fërderen oder eng Crèche zu Pärel d'Kand op d'Scolarisatioun am Lëtzebuerger Schoulsystem kann ënnerstëtzen? Ech wär wierklech frou, wann Der op d'mannst hei an der Chamber, Här Minister, géift dorobber eng Äntwert ginn, well an der Kommissioun hutt Der eis keng Äntwert dorobber ginn.

A wann d'Scolarisatioun d'Zilsetzung ass, hätte mer da fir all déi Kanner och spéider eng Plaz an eise Schoulen? Neen! Well do ass et jo d'Gemeng, déi décidéiert, ob e Kand an d'Schoul kënnt oder net, a si hält sech do un eegen operluechte Kritären, fir dat festzemaachen. Wann also net genuch Plaze fir all déi Kanner do sinn, no wéi enge Kritäre gëtt dann an deem Fall eng Selektioun gemaach?

D'Residenzklausel ass fale gelooss ginn. Dorauser kéint ee liesen, dass all Frontalierskand elo ka vum Chèque-service accueil profitéieren. Ass dat da mat der Zilsetzung sozial Integratioun a Scolarisatioun zu Lëtzebuerg kompatibel? Wuel kaum! Wann et also just fir déi Frontalierskanner ass, déi och hei scolariséiert ginn, an esou steet et am Rapport, firwat mengt da jiddwereen dobaussen, dass all Frontalierskand vum Chèque-service accueil ka profitéieren? Iwwregens huet och de Syvicol dat a sengem Avis opgegraff.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Dëst Gesetz ass net bis un d'Enn geduecht. Et léisst ganz, ganz vill Froen op a léisst virun allem ganz vill Inkohärenzen zou: Bildung am fréien Alter bis dräi Joer, ouni Upassung vum Personalschlëssel; Exportabilitéit, ouni grenziwwerschreidend Kontrollkompetenz; Fokus op nonformal Bildung, ouni Klärung par rapport zur formaler Schoulbildung; d'Gefor, dass d'Méisproochegkeetsförderung als Schoulvirbereedung instrumentaliséiert gëtt, amplaz de Précoce ze verbesseren, ganz besonnesch am Beräich vum Sproochenerwerb.

An dernieft muss een awer och nach soen, dass véier Joer, nodeems d'CSV dëse Projet de loi erabruecht huet, d'Entwécklung an dësem Secteur de Projet selwer jo iwwerholl huet. Et geet haut net méi duer mat wohlwollender Qualitéitsentwécklung, mä mir brauchen eng ganz streng Qualitéitskontroll, fir Dériven an noléisseg Praxissen um Terrain ze verhënneren. An aus dësen Ursaache wäerte mir als CSV dëst Gesetz net stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Madamm Hetto. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Madamm Presidentin, léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech wëll a menger Interventioun op e puer Punkten agoen, déi vu menge Virriedner opgeworf goufen an déi vläicht net ëmmer ganz richteg duergeluecht goufen.

Éischtens: Firwat gëtt de System vun de Chèques-services reforméiert?

Mir änneren de System direkt aus e puer Grënn. Éischtens, fir en op eng korrekt legal Basis ze stellen. Dozou muss ee wëssen, dass d'Chèques-services 2009 kuerz virun de Wahlen, quasi iwwer Nuecht, als Kaddo agefouert goufen. A wa mir de System vum Chèque-service accueil haut wëllen änneren an dobäi d'Qualitéit vun der Betreiung wëllen an de Fokus setzen, dann ass dat nëmme méiglech mat enger zolitter gesetzlecher Basis.

Zweetens, mir maachen de Berechnungsmodus einfach emol méi einfach a verständlech, virun allem, well de Chèque-service accueil elo eng fest Valeur huet - 6 Euro an der Crèche, 3,50 Euro bei den Dageselteren - an een also genee kann novollzéien, wéi héich de Bäitrag vum Stat ass. Bis elo war dat net de Fall respektiv d'Héicht vun der staatlecher Ënnerstëtzung war net ëmmer ganz einfach nozevollzéien.

Drëttens, mir féieren e Referenzkader mat klore Qualitéitskritären an. D'Verbesserung vun der Qualitéit an der Kannerbetreiung steet eendeiteg am Mëttelpunkt vun dëser Reform. Dat ass dat, wat dat Wichtegst bei deem ganze Gesetz hei ass.

Et kann ee sech d'Fro stellen: Firwat ginn d'Chèques-services op fir Netrésidenten?

Et gëtt eng européesch Gesetzgebung respektiv Uerteeler vum Européesche Geriichtshaff, un déi mir eis mussen halen. Et ass richteg, wa gesot gëtt, dass et a Saache Chèque-service nach keen entspriechenden Arrêt gëtt, deen eis derzou géif verflichten, och den Netrésidenten den Zougang zum Chèque-service accueil ze ginn.

Dës Regierung wollt awer net op eng Verurteelung waarden, mä huet proaktiv gehandelt. Mir wollten eis eng weider Blamage, wéi dat bei de Studentebourssen de Fall war, erspueren. Wëssend, dass den Européesche Geriichtshaff a sengen Uerteeler aus de leschte Joren eng ganz large Interpretatioun vun de Familljenzoulagen zugronn geluecht huet, fannen ech, dass dee Wee, deen d'Regierung elo ageschloen huet, besser ass, wéi einfach den Imageschued duerch e weidert Uerteel géint eis a Kaf ze huelen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Madamm Presidentin, spéitstens zanter dem Avis vum Statsrot aus dem Mäerz 2013 - ech erënneren: Mäerz 2013, dat war also méi wéi en halleft Joer virun den Neiwahlen! - war kloer, dass d'Residenzklausel beim Chèque-service accueil net ze hale wier. Deemools war d'CSV jo an der Regierung, a schonn deemools huet d'Regierung ugefaangen, hir Positioun vu virdrun opzeginn an de Chèque-service och fir Netrésidenten zougänglech ze maachen. Schonn 2009, bei der Aféierung vum CSA, gouf et kritesch Stëmmen am zoustännege Ministère, déi virun enger méiglecher Incompatibilitéit mat dem européesche Recht gewarnt hunn.

Leider ass net op dës Stëmme gelauschtert ginn! Ech froe mech allerdéngs, ob d'CSV hir Décisioun vun 2013, fir de Chèque-service op Netrésidenten auszedeenen, scho vergiess huet. Ass d'CSV haut der Meenung, dass d'Madamm Jacobs deemools falschlouch mat hirer Décisioun? Wa jo, wéi ass et zu deem Sënneswandel komm? Wéi kann een en erklären? Wuel hoffentlech net domadder, dass d'CSV vun der Regierungs- op d'Oppositiounsbänk gewiesselt wär!

D'gratis Kannerbetreiung, ass dat eng Iddi vun dëser Regierung? Madamm Presidentin, d'CSV stellt et an der Effentlechkeet gären esou duer, wéi wann déi gratis Kannerbetreiung eenzeg an eleng eng Iddi vun der aktueller Regierung wär! Ech muss elo e bëssen zréckgoen. 2008, État de la nation, Statsminister Jean-Claude Juncker: „À terme ass et fir mech kloer, dass d'Kannerbetreiung zu Lëtzebuerg muss gratis ginn." Dixit Jean-Claude Juncker!

An hirem Wahlprogramm vun 2009 huet d'CSV och gesot, dass dës Gratuitéit spéitstens 2015 géif ëmgesat ginn. Meng Partei war dërselwechter Meenung a se huet sech an hirem Programm och fir eng gratis Kannerbetreiung ausgeschwat. Contrairement zur CSV hu mir awer an dëser Fro an deene leschte Jore keng 180°-Kéier gemaach.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Wat d'Gratuitéit vun der Kannerbetreiung ugeet, ass et wichteg, ze wëssen, dass de Lëtzebuerger Stat sech och haut scho knapps zu 80% un de Fraise vun der Kannerbetreiung bedeelegt. An anere Wierder: D'Eltere bezuelen haut, an der Moyenne, ronn 20% vun de Käschten. Mir sinn also, wann ee sech dës Zuelen ukuckt, net immens wäit ewech vun enger gratis Kannerbetreiung. A Chifferen ausgedréckt: Am Joer 2015 goufen insgesamt knapp 340 Milliounen Euro investéiert an d'Kannerbetreiung. Déi deele sech op: ronn 264 Millioune fir de Stat a ronn 75 Milliounen, déi d'Elteren droen.

Grad virum Hannergrond vun dësen Zuelen ass et ëmsou méi verwonnerlech, dass d'CSV sech esou massiv géint eng gratis Kannerbetreiung ausschwätzt. D'Demokratesch Partei ass jiddefalls gewëllt, eng Politik ze maachen, déi de gesellschaftleche Realitéiten entsprécht. Ëmmer méi Eltere wëllen zu zwee schaffe goen. Ëmmer méi mussen der och zu zwee schaffe goen, net zulescht opgrond vun dem jorelaange Stëllstand an der Logementspolitik. An et gëtt, dat muss een och ëmmer erëm widderhuelen, och ëmmer méi elengerzéiend Elteren, déi op eng Betreiung vun hire Kanner absolutt ugewise sinn.

Madamm Presidentin, an deem Kontext wëll ech och e puer Sätz zu deene geplangte Gratisstonne soen, déi d'nächst Joer an der Kannerbetreiung sollen agefouert ginn. Heibäi handelt et sech ëm maximal 20 Stonne pro Woch, an deenen d'Kanner bilingual solle betreit ginn, fir si esou besser op d'Sproochesituatioun an eisem Schoulsystem ze preparéieren. Mir wësse jo alleguerten, dass d'Sproochen den Haaptproblem fir vill Kanner a Jugendlecher duerstellen, wann et ëm schoulesch Problemer geet. Wa mir also d'Kanner méiglechst gutt wëllen op eis Schoul preparéieren, musse mer virdrun usetzen! Nëmmen esou kënne mer d'Chancë vun all Kand, onofhängeg vu sengem sozialen, familiären, kulturellen oder och sproochlechen Hannergrond, verbesseren.

D'DP wëllt, dass eis Schoul integréiert an net separéiert. Mir wëllen, dass d'Schoul nees zu engem soziale Lift gëtt. Mir wëllen e Schoulsystem, an deem all Kand seng Chance huet, ze réusséieren.

Déi 20 Stonne Sproocheförderung sinn also eng Virbereedung op de Lëtzebuerger Schoulsystem. D'CSV ass géint d'Gratuitéit vun dëse Stonnen. Et freet ee sech, firwat. Si argumentéiert, dass et net verständlech wär, dass Leit mat héije Revenue kéinte vun dëser Méiglechkeet profitéieren. Wann een dës Stonnen awer, wéi gesot, als Preparatioun op d'Dräisproochegkeet vun eiser Schoul ugesäit, dann heescht dat jo am Ëmkéierschloss, dass d'CSV och mengt, dass an Zukunft déi ëffentlech Schoul net méi soll gratis si fir jiddwereen, mä dass och hei sozial gestaffelt Tariffer solle gëllen! Oder wëllt d'CSV ieren d'Dräisproochegkeet vun eisem Schoulsystem opginn? Ass d'CSV net der Meenung, dass all Kand soll déiselwecht...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- An der Crèche hu mer zwar nach keng Dräisproochegkeet!

M. Claude Lamberty *(DP).*- ...Chance hunn, fir eng ofgeschlosse Formatioun kënnen ze maachen?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Da schwätze mer awer emol iwwert d'Konzept vun der Dräisproochegkeet bei der Schoul. Da schwätze mer emol iwwert dat, wat Der bis elo proposéiert hutt a wou nach näischt um Dësch läit!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Wiseler, wann Der gär eng Fro stellt, da maacht dat!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Dat kënne mir ganz gäre maachen hei!

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, awer déi ganz Saachen hei, dat ass einfach erzielt! Ech hätt awer och emol gären, datt Der Saachen op den Dësch leet hei, datt mer emol wëssen, vu wat Der schwätzt.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay. Also den Här Lamberty huet eleng d'Wuert!

(Brouhaha général)

Une voix.- Ganz richteg!

M. Eugène Berger *(DP).*- Woufir ass d'CSV esou nervös?

Une autre voix.- Jo.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift, Här Wiseler, wann Der eng Fro stellt, da frot den Här Lamberty! Soss loosst den Här Lamberty wann ech gelift ausschwätzen!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Also ech géif soen, mir komme ganz sécher gären op déi Konzepter zréck.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Madamm Presidentin: Wéini kënnt d'Konzept op den Dësch?, ass meng Fro.

(Interruptions)

M. Claude Lamberty *(DP).*- Also ech sinn iwwerzeegt, dass mer nach genuch Geleeënheete wäerten hunn, fir iwwer ganz vill interessant Konzepter an Zukunft ze schwätzen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mä wann Der elo schonn d'Konklusiounen zitt, hätte mer gär d'Konzept virdru gelies!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- A wéi sollen déi 20 Stonnen an der Crèche funktionéieren?

M. Claude Lamberty *(DP).*- Der CSV hir Argumentatioun an hir Opreegung an dësem Dossier sinn an dësem Punkt op alle Fall ganz schwéier nozevollzéien,...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, Är Argumentatioun awer och!

M. Claude Lamberty *(DP).*- ...well éischtens se selwer nach...

(Interruption)

Ech widderhuelen nach eng Kéier: D'CSV selwer war nach virun e puer Joer fir eng gratis Kannerbetreiung.

Une voix.- Keng dräisproocheg!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Hei, loosst den Här Lamberty schwätzen!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Fir eng gratis Kannerbetreiung.

(Interruption)

Si hunn also derfir plädéiert, well si offensichtlech der Meenung sinn, dass eng Preparatioun op d'Schoul net fir jiddweree soll gratis sinn.

Ënnerstëtzt d'Regierung nëmmen d'Elteren, deenen hir Kanner an d'Crèche ginn? Eng weider Fro, déi gestallt gëtt.

Madamm Presidentin, et gëtt gäre behaapt, d'Politik vun der Regierung wär eesäiteg, si géif eleng eng Form vu Kannererzéiung privilegéieren a si géif de Leit de Choix huelen. Ma genee de Konträr ass de Fall. D'Politik vun der Regierung besteet doran, de Leit iwwerhaapt emol de Choix ze ginn.

Une voix.- Aah!

Une autre voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Mir wëllen eng Politik maachen, déi de gesellschaftleche Realitéiten entsprécht.

(Interruption)

Mir gesi jo, dass ëmmer méi Elteren, egal ob zu zwee oder elengerzéiend, op eng Betreiung vun hire Kanner ugewise sinn. Deem musse mer Rechnung droen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Madamm Presidentin, ech wëll...

M. Claude Lamberty *(DP).*- Mir kënnen dach net einfach d'Ae virun der Realitéit verschléissen!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Lamberty, erlaabt Der, dass den Här Wiseler nach eng Fro stellt?

M. Claude Lamberty *(DP).*- Ma absolutt!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech wëll den Här Lamberty da just froen, firwat Der d'Allocation d'éducation ofgeschaaft hutt, wann Der der Meenung sidd, datt Der dee Choix wëllt bäibehalen?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Den Här Minister wäert äntwerten.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Loosst mech vläicht meng Ried fäerdeg maachen, vläicht kritt Der déi eng oder aner Erklärung nach an der Ried.

(Interruption par M. Claude Wiseler)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay, wann ech gelift, loosst vläicht den Här Lamberty äntwerten! Den Här Minister kann lech dorop eng Äntwert ginn.

Une voix.- Dat ass kee Choix, Här Wiseler, dat wësst Der ganz genau.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Ech mengen, et muss ee vläicht d'Fro stellen, wat d'CSV da wëllt. Hätt d'CSV et léiwer, wann d'Fraen net géife schaffe goen?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- D'CSV wëllt, datt Der d'Allocation d'éducation net ofschaaft!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Mengt d'CSV wierklech, dass e bësse méi wéi 400 Euro wärend 20 Méint eng wierklech Alternativ géifen duerstellen? Ass dat eng Politik, déi wierklech e Choix duerstellt? Eng Politik, wou d'Frae wärend enger gewëssener Zäit e finanziellen Obolus vum Stat kréien an déi méi oder manner am Ree stoe gelooss ginn duerno, ass dat wierklech eng duerchduechten a kohärent Politik? An eisen Aen ass dat net de Fall!

Mir bestreiden net, dass d'Präsenz vun den Elteren an de Kanner hirer Entwécklung wichteg

ass. Mä wa mer als Politik der Realitéit um Terrain ëmmer dräi Schrëtt hannendrulafen, da brauche mer eis och net ze wonneren, wann d'Leit kee Vertraue méi an d'Politik hunn. Mir mussen eis mat de Froen an de Suerge vun de Leit auserneesetzen an hinne konkret Propose maachen.

Une voix.- Ah!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Genee dat ass et, wat mir mat eiser Politik wëlle maachen. Genee dat ass et, wat mir mat der Flexibiliséierung vum Congé parental wëlle maachen. Genee dat ass et, wat mir mam qualitativen Ausbau vun der Kannerbetreiung maachen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Här Lamberty,...

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Mir zwénge kengem e Choix op a mir huele kengem eppes ewech.

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Här Lamberty, d'Madamm Hetto, mengen ech, wëllt nach eppes froen.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Madamm Hetto!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Madamm Hetto, wëllt Der eppes froen?

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV)*.- Jo, Merci. Merci, Madamm Presidentin. Ech hunn eng Fro un den Här Lamberty. Schwätzt Der och iergendwann zum Projet de loi 6410 oder maacht Der...

(Hilarité)

...e Resümee vun deem, wat ech op der Table ronde gesot hunn?

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Den Här Lamberty wäert dat maachen, wéi den Här Mosar virdrun.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Also ech géif soen,...

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Allez, e bësse Rou, wann ech gelift!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- ...Dir fannt garantéiert all Är Äntwerten a menger Ried.

Une voix.- Merci!

(Hilarité et brouhaha)

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Ënner wéi enge Konditioune kënnen...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Sou! Loosst den Här Lamberty schwätzen

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat sinn awer prezis Äntwerten, dat do!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Ënner wéi enge Konditioune kënne Betreiungsstrukturen am Ausland vum Chèque-service profitéieren? Eng weider Fro, déi opgeworf ginn ass.

Madamm Presidentin, et gëtt gäre behaapt, dass mat dëser Reform d'Dier grouss opgemaach géif ginn an dass an Zukunft quasi all Crèche am Grenzgebitt kéint vum Chèque-service profitéieren. Deem ass definitiv net esou! Auslännesch Crèchen oder aner Betreiungsstrukture kommen nëmmen dann an de Genoss vum Chèque-service, wa si d'Kritären aus dem nationale Referenzkader erfëllen. Dozou gehéieren ënner anerem d'Opstellung vun engem pädagogesche Konzept, e Journal de bord, wou d'Aktivitéite beschriwwen an dokumentéiert ginn, Kontrollen duerch déi nei Agenten, eng obligatoresch Weiderbildung vum Personal, Sproochekritären an esou weider.

Et ass net esou, dass eng däitsch, franséisch oder belsch Crèche einfach esou ka soen, dass si elo vum Chèque-service accueil wëllt profitéieren. Et geet och zum Beispill net duer, dass eng Persoun agestallt gëtt, déi Lëtzebuergesch schwätzt. Et ass och net esou, wéi wann d'Regierung keng Méiglechkeet hätt, ze préiwen, ob dës Kritären agehale ginn. Den Här Minister seet eis, dass dës Méiglechkeet besteet, an ech hu kee Grond, fir un dëser Ausso ze zweifelen.

Et wäert och kaum esou sinn, dass elo am noe Grenzgebitt et zu engem Boom géif kommen u Betreiungsstrukturen, déi alleguerte wéilte vum CSA profitéieren. D'Kritären, déi dofir ze erfëlle sinn, sinn dach relativ usprochsvoll.

Wéi vill mussen d'Eltere bezuelen?

Madamm Presidentin, ech kommen dann elo zur Fro, déi wahrscheinlech déi betraffen Elteren am meeschten dierft interesséieren. Gëtt duerch d'Reform d'Kannerbetreiung méi deier oder net?

D'Reform soll insgesamt käschtenneutral sinn. Dat heescht: keng Méibelaaschtung fir de Stat awer och net fir déi betraffen Elteren, zumindest fir de ganz groussen Deel vun hinnen. Bei enger neier Berechnungsmethod bleift et ni aus, dass et fir deen een oder anere méi deier kéint ginn. Fir wien et genee méi bëlleg gëtt, méi deier gëtt oder awer d'selwecht bleift, ass de Moment ganz schwiereg ze soen. Hei spillen eng ganz Rei vu Variabele mat: un éischter Plaz natierlech de Revenu vum Ménage vum Kand, d'Zuel vun de Kanner, déi am System CSA dra sinn, d'Zuel vun de Stonnen, déi d'Kanner oder d'Kand betreit gëtt, d'Zuel vun de Mëttegiessen an esou weider.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Wat ech ka soen, ass awer, dass d'Beispill, wat d'Chambre des Salariés an hirem leschten Avis ugefouert huet, op enger falscher Berechnung berout. D'Beispill war en Haushalt mat zwee Kanner an engem Revenu vu 5.700 Euro; d'Kanner ginn 38 Stonnen an d'Crèche an hu fënnef Mëttegiessen. Der Chambre des Salariés no géif an dësem Fall d'Participatioun vun den Elteren an d'Luucht goen an zwar ëm ganzer 14%.

De Berechnunge vum Ministère no, déi och virleien, ass awer genee de Contraire de Fall. Nom alen, also aktuelle Berechnungssystem géif d'Participatioun vun den Eltere bei 715,60 Euro leien. Mam System, wéi en duerch de virleienden Text virgesinn ass, géif d'Participatioun vun den Eltere bei 584 Euro leien. Also e Minus vun 131,60 Euro oder vu knapp 19%. Wann een dat op ee Joer héichrechent, géif déi betraffe Famill ronn 1.580 Euro spueren.

Ech weess: Dat ass just ee Beispill an et gëtt och sécherlech Famillen, wou d'Erspuernis manner grouss ausfält oder d'Participatioun wäert liicht an d'Luucht goen. Dëst hänkt, wéi gesot, vu ganz ville Facteuren of.

Fro: Hu mer genuch Plazen an der Kannerbetreiung? Här President, ech kommen zum leschte Punkt vu menger Interventioun.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Entsteet duerch dës Reform nees e Rush op d'Plazen an eise Crèchen a Betreiungsstrukturen? Hu mer iwwerhaapt genuch Plazen, fir d'Demande kënnen ze decken?

Mir hunn zu Lëtzebuerg mëttlerweil, wann een all Betreiungsstrukturen zesummenzielt, 51.124 Plaze fir Kanner tëscht null an zwielef Joer. Dat entsprécht enger Relatioun Offer/Populatioun vun 63,2%. Dobäi kommen eng ronn 700 Dageseltere mat 3.278 Plazen. 2004 hate mer grad emol 7.712 Betreiungsplazen. Un dësen Zuele gesäit een, dass an de leschte Jore grouss Efforte gemaach goufen. Et war och d'Zil vun de Chèques-services, fir d'Zuel vun de Plazen an der Kannerbetreiung ze erhéijen.

Wann elo Netrésidente kënne vum CSA profitéieren oder, wa si dann all d'Kritären erfëllen, och Prestatairen am Ausland an de Genoss vum CSA kommen, ass net mat enger explosiounsaarteger Steigerung vun der Demande ze rechnen, och well schonn déi grouss Majoritéit vun de Kanner eng Plaz an enger Struktur huet.

Den Estimatioune vum Ministère no kann ee vun enger zousätzlecher Demande vu ronn 10 bis 15% ausgoen. Dat ass net näischt, awer dat sinn och keng Zuelen, bei deenen een direkt misst a Panik verfalen, souwuel wat méiglech zousätzlech Käschte betrëfft, wéi och wat néideg zousätzlech Plazen ugeet. Wann een d'Dynamik kuckt, déi an deene leschte Joren an dësem Secteur geherrscht huet, an ech hunn d'Zuele virdru genannt, da sinn ech sécher, dass dës Demande a relativ kuerzer Zäit kann opgefaange ginn.

Här President, ech kommen zur Konklusioun. D'Reform vum Chèque-service dréit wesentlech zu enger qualitativer Verbesserung vun der Kannerbetreiung bäi. Si ass op Demande vun de Leit vum Secteur a mat hinnen zesummen ausgeschafft ginn. D'Reform ass konform zur europäescher Legislatioun. D'Reform wäert d'Startchancë vun all Kand verbesseren. D'Reform féiert net zu enger Explosioun vun de Käschten a si stellt och fir dee ganz groussen Deel vun den Eltere keng finanziell Méibelaaschtung duer. Kuerz: Et ass eng gutt Reform, eng Reform, déi déi voll Ënnerstëtzung an Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei fënnt.

Dëst gesot, ginn ech dann och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleienden Text.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Lamberty.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Elo hutt Der awer op keng Fro geäntwert, Här Lamberty.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- An den nächste Riedner ass den Här Georges Engel.

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Gruppengröße mal Quadratmeter und Anzahl der Erzieherinnen, multipliziert mit Sicherheitsstandards": Dat war, engem eeleren Artikel vun der „Zeit" no, laang d'Definitioun vun der Qualitéit vun der Kannerbetreiung. Fir Lëtzebuerg war dat wuel leider net ganz vill anescht.

Wann och déi eenzel Akteuren an d'Personal an deem Beräich an der Vergaangenheet gréisstendeels, muss ee soen, eng wäertvoll Aarbecht gemaach hu mat ganz vill Engagement, sou muss een awer och soen, dass kloer eenheetlech a verbindlech Qualitéitskritäre fir d'Betreiung gefeelt hunn, ofgesi vun deem, wat am Zitat opgezielt gouf: d'Zuel vun de Kanner pro Éducateur, d'Quadratmeteren an d'Sécherheetsnormen.

All déi Elementer si sécher net onwichteg, mä net genuch, fir d'Qualitéit an der Betreiung, vum Inhalt, ze garantéieren. An d'Qualitéit vun der Kannerbetreiung läit eis alleguer heibanne ganz staark um Häerz. D'Qualitéit vun der Kannerbetreiung ass fir d'LSAP eng vun de Prioritéiten, well se d'Chancëgläichheet méi grouss mécht fir alleguer eis Kanner.

Et ass esou, dass an eiser Gesellschaft - net nëmmen, mä och zu Lëtzebuerg - et nach ëmmer ganz schwéier ass, fir sozial Ënnerscheeder ze iwwerwannen. An amplaz dass d'Schoul géif hëllefen, Ongläichheeten ze iwwerwannen, ginn déi Ënnerscheeder do dacks nach méi abëtonnéiert.

D'MAGRIP-Etüd vun 2008 - wéi och déi vun 1968 - huet gewisen, dass mir et net fäerdegbréngen, all talentéiert Schülerinnen a Schüler op déiselwecht Aart a Weis gutt ze förderen, an dass déi talentéiert Kanner aus sozioekonomesch méi schwaache Milieuen dacks op der Streck bleiwen. MAGRIP ass iwwregens d'Ofkierzung fir...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Matière grise perdue!

M. Georges Engel *(LSAP)*.- ...Matière grise perdue - richteg, Här President -, en Titel, deen am Fong geholl schonn alles seet.

D'Kannerbetreiung, a grad d'Kannerbetreiung mat enger geziilter Förderung an de jonke Jore vun de Kanner, kann hëllefen, dass Ënnerscheeder ausgeglach ginn an dat esou e positiven Afloss op déi weider schoulesch a berufflech Carrière, an domat op de ganze Liewenslaf, op déi physesch a psychesch Gesondheet vun de spéideren Erwuessene kann huelen. Dat alleng ass scho Grond genuch, fir an dësem Beräich Efforten ze maachen.

Mä och ekonomesch gesi mécht et Sënn fir d'Gesellschaft, op dëser Plaz ze investéieren. Den Amerikaner Steven Barnett, Professer fir „Education Economics and Public Policy" an och Direkter vum „National Institute for Early Education Research" vun der Rutgers University huet ausgerechent, dass de Stat fir all Dollar, deen en an eng qualitativ héichwäerteg „preschool education" investéiert, um Enn 3,83 Dollar spuert. Bei engem Invest vun engem Dollar spuert en herno 3,83 Dollar. Also ee gudden Invest.

Fir d'Qualitéit ze definéieren, muss een effektiv emol fir d'Eischt wëssen, wou een hiwëllt, e kloert Zil hunn. Dat Zil gëtt elo definéiert. Den nationale Referenzkader soll festleeën, a wéi engem Kader sech déi verschidde Prestatairen am Beräich vun der Kannerbetreiung bewegen, wat déi Domäne sinn, déi si musse berücksichtegen, wou si mussen d'Kanner begleeden, stimuléieren a förderen, ënner anerem hei och Spezialförderung fir d'Lëtzebuergescht an eng Preparatioun op d'Lëtzebuerger Schoul.

An de leschte Joren - och a virun allem wéinst de Chèques-services, an d'Zuele sinn hei virdru genannt ginn: Mir si vu 7.700 Plazen am Joer 2004 op 51.124 Plazen am Joer 2015 eropgaangen - si Strukture wéi Pilzer aus dem Buedem geschoss. Een enormen an ekonomesch ganz villverspriechende Marché huet sech opgedoen.

D'Vergréisserung vun der Offer an der Kannerbetreiung war an ass och nach ëmmer absolutt noutwendeg, fir deene gesellschaftleche Realitéite Rechnung ze droen. Ëmmer méi Eltere mussen oder wëllen - och dat ass hiert Recht - zu zwee schaffe goen. Frae mussen a wëlle sech och berufflech betätegen, hiert Wëssen an hiert Kënnen abrénge gradesou wéi d'Männer, an dat ass och richteg esou.

Un der Politik ass et, fir Konditiounen ze schafen, fir dass dat fir déi zwee Elterendeeler och méiglech ass, ouni dass dobäi d'Famill an d'Kanner ze kuerz kommen. Eng méi équilibréiert Konzeptioun vun der Famill a vum Elteresinn, dat ass dat erkläert Zil vun dëser Regierung. An do hu mer schonn eng Rei vu Mesurë geholl, an déi si virdrun opgezielt ginn: de Congé parental, de Congé pour raisons familiales an och d'Verhandlungen iwwer e begrenzt Recht op Deelzäitaarbecht. Dës nei Konzeptioun kënne mer wuel net vun haut op muer ëmsetzen, duerfir brauch een e Mentalitéitswandel bei de Leit gradesou wéi och bei de Patronen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, elo endlech kënnt also déi scho laang néideg Qualitéitsoffensiv an der Kannerbetreiung, déi mir absolutt begréissen. An Zukunft gëllt also en nationale Referenzkader, bannent deem all Struktur en Aktiounskonzept muss ausschaffen a virleeën, fir sech Ziler, eng Strategie, eng Method a Moyenen ze ginn, fir hir Démarche „assurance qualité" kënnen ze realiséieren. Obligatoresch ass dann och de Journal de bord agefouert ginn - oder gëtt deen agefouert -, wou dokumentéiert ass, wie woufir zoustänneg ass a wat fir Aktivitéite wéini a wou gemaach ginn.

Och d'Formation continue gëtt obligatoresch, an dobäi ass e Suivi vun der Pratique éducative virgesinn. An Zukunft wäerten da 25 regional Agente vum Service National de la Jeunesse sech drëm këmmeren, dass dëse System esou installéiert gëtt an esou fonctionnéiert, wéi dat virgesinn ass. An, Madamm Hetto, haut gëtt et déi Kontroll do net.

Elo kann ee soen, déi 25 géife vläicht net duergoen. Mä haut gëtt et déi Kontroll net. Mir hunn awer elo emol den Ufank gemaach mat 25 Agenten, déi emol op den Terrain ginn an emol kontrolléiere ginn, wat an den Haiser geschitt. An dat fanne mir awer elo emol eng gutt Saach. A mir hätten och elo kënnen 100 Leit astellen. Dann hätt Der eis gesot: „Geet 100 dann duer? Misst een der net 150 hunn?" Neen, mir hunn der elo emol 25, an ech mengen, dass dat e gudden Ufank ass.

De Chèque-service accueil gëtt reforméiert an un d'Prestatairen ausbezuelt, wa si déi Konditioune vun der Qualitéit dann och erfëllen. Fir eis ass et richteg, dass de Chèque-service, deen am Fong ëmmer schonns eng verstoppten Ënnerstëtzung un d'Betreiungsstrukture war, u Qualitéitskritären elo gebonne gëtt. Et ass essenziell, dass séchergestallt gëtt, dass d'Kanner net nëmme versuergt ginn, also iergendwou tëschegelagert ginn, soulaang d'Eltere schaffen. Dat ass net dat, wat mer gären hätten.

D'Prestatairen an der Kannerbetreiung hunn eng grouss Aufgab a kënnen eng wäertvoll Aarbecht hei leeschten, déi sécher net d'Bezéiung vun den Elteren zu hire Kanner kann ersetzen, mä si kann ergänzen: éischtens duerch d'Villsäitegkeet vun den Aktivitéiten an Disziplinnen, déi an enger Struktur mat qualifizéiertem, opmierksamem a sensibelem Personal gemaach ginn, an zweetens duerch déi sozial Komponent, déi d'Kanner beim Zesummeliewe mat anere Kanner kënnen erliewen.

A loosst mech hei eng Klammer opmaachen zu deem, wat virdru gesot ginn ass. Zum Personal: Jo, et ka sinn, dass an där enger Struktur ee seng Spillsaachen net muss opraumen an an där anerer een d'Spillsaache muss opraumen. A wann ech d'Madamm Hetto virdrun héieren hunn, dann huet een d'Impressioun gehat, wéi wann d'Kanner do elo en Trauma géifen erliewen, mat deem se hiert Liewe laang net géife fäerdeg ginn.

Där Situatiounen do gëtt et awer nach vill. Bei de Grousseltere musse se d'Spillsaachen opraumen an doheem musse se se net opraumen, oder ëmgedréit. An ech kennen där do Situatiounen honnert, wou dat eent op där enger Plaz muss gemaach ginn an op där anerer Plaz net gemaach ginn. An déi Kanner, déi erliewen domadder, wann ech gelift, awer net dee gréissten Trauma, dee si an hirer Welt, an hirem Liewe kënnen erliewen.

Duerfir: Och hei gëtt et där do Situatiounen dausend. An dat ass alles machbar. An et ass och machbar, dass dat eent Personal mat deem anere Personal ka schwätzen. Och do si Méiglechkeeten, dass ee sech eens gëtt, wéi dass een dat wëllt maachen. Also ech hunn do ganz vill Vertrauen an d'Personal, dass op där enger Säit dat eent kann ofgeschwat gi mat där anerer Säit an dass ee sech do ka gutt eens ginn.

An dann nach eng zweet Saach zu dem Personalschlëssel: Deen ass elo net anescht mat dësem Gesetz, wéi e virdru war. Deen ass jo elo net anescht! An hei soll een natierlech dem individuelle Besoin vum Kand nogoen. An dat war bis elo och de Fall. Ech hat emol geduecht, dass dat misst och elo de Fall gewiescht sinn. Hei gëtt et just elo eng Kéier festgeschriwwen an engem Konzept, wat ech ganz richteg fannen, dass een dat endlech och eng Kéier festschreift.

An da gëtt et och vill Mammen doheem, déi och dräi bis véier Kanner hunn,…

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Awer keng sechs!

M. Georges Engel *(LSAP).-* …- keng sechs, dat ass richteg, awer dräi a véier Kanner -, déi do dernieft hire ganze Stot musse maachen…

(Interruption par Mme Françoise Hetto-Gaasch)

…déi donieft mussen zwee- bis dräimol kache fir deen, deen heemkënnt. Ech huelen d'Beispill vu menger Mamm: Mir waren zu dräi doheem an och do huet se missen zwee- oder dräimol ufänke mat kachen, si huet dee ganze Stot misse maachen, mir hunn e ganz grousse Gaart gehat; dat huet si alles ganz alleng gemaach. An duerfir all Respekt fir meng Mamm. A si ass vläicht och net op all Bléckkontakt, deen ech dunn hat, agaangen, wou ech gär gehat hätt, dass se mech gekuckt hätt. An ech muss soen: Dat huet mäin affektiivt Gläichgewiicht elo net esou wäit erschüttert, dass ech elo net méi eens ginn am Liewen.

Une voix.- Bravo!

M. Georges Engel *(LSAP).-* Och dat muss een awer eng Kéier soen.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Dir verstitt ganz gutt, wat ech wëll soen. Et ass ee groussen Ënnerscheed, ob Der sechs gläich… Wann ech gelift, Här President.

M. Georges Engel *(LSAP).-* Et ass richteg, dass ee muss do den individuelle Besoine vun de Kanner gerecht ginn. Mä et soll een dat awer och elo hei net esou schwaarzmolen, dass, wann ee mat sechs Kanner eng Kéier net op de Bëbee kuckt, deen een ukuckt, da mengt, dass deem Bëbee säi Liewen elo zerstéiert wär, well e keng affektiv Liaisoun méi kéint mat engem Mënsch hunn. Also alles muss een awer hei mat Virsiicht genéissen, wat virdrun hei esou schwaarzgemoolt ginn ass a wat net esou schwaarzzemolen ass. Dat wollt ech heimadder just soen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Här Engel,…

M. Georges Engel *(LSAP).-* Wann d'Madamm Hetto awer eng Fro huet, ka se se awer gäre stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Dir kommt jo och aus dem soziale Secteur, Här Engel.

M. Georges Engel *(LSAP).-* Jo.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Ech wëll lech just froen: Mir schwätzen net hei vu sechs Kanner, déi a verschiddenen Alterskategorië sinn; mir schwätzen hei vu sechs Bëbeeën.

M. Georges Engel *(LSAP).-* Jo.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Dat heescht, déi kënnen net lafen, déi leien do, déi mussen déi ganz Zäit betreit ginn. Dat ass eng ganz aner Saach, ob Dir sechs Kanner a verschiddenen Alteren hutt oder sechs klitzeklenger ënner engem Joer. An dat ass dat, wat a verschiddene Crèchen ass. A besonnesch an deem Grupp musse mer eis wierklech deen néidege Personalschlëssel ginn. An dat kann net eng Persoun fir sechs sinn. An ech mengen, dass, wann Der éierlech sidd, da gesitt Der dat an an da wäert Der vläicht mat Ärem Minister driwwer schwätzen, dass en op dee Wee soll goen.

M. Georges Engel *(LSAP).-* Also ech si ganz éierlech. An duerfir mengen ech, dass mat deem heite Gesetz d'Kritäre vum Personalschlëssel net geännert ginn. En ass (veuillez lire: E bleift) jo esou, wéi en och elo ass. E bleift jo esou, wéi e jorelaang - jorelaang! - och ënnert der Führung vun enger CSV matgedroe ginn ass.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Jo!

M. Georges Engel *(LSAP).-* Duerfir mengen ech net, dass dat elo e risegen Ënnerscheed ass.

Et kann een natierlech ëmmer alles verbesseren an et kann ee soen: Et ass richteg. Sechs Kanner; et wär vläicht besser, wann een dat bei dräi Kanner géif maachen. Wa mer bei dräi sinn, da kucke mer, ob mer net bei zwee et maachen. Dat ass alles richteg. Et muss awer och een dat Ganzt bezuelen. Och doriwwer muss ee sech awer eens sinn.

Mme Nancy Arendt *(CSV).-* Mir loossen lech emol eng Kéier alleng mat sechs Bëbeeën, Här Engel.

M. Franz Fayot *(LSAP).-* Dat ass jo d'Fro net!

M. Georges Engel *(LSAP).-* Och doriwwer muss ee sech eng Kéier eens sinn.

(Interruptions)

Gutt! Op där anerer Säit sinn dann d'Familljen, déi eng Demande musse stellen, fir da vum Chèque-service ze profitéieren. Si musse sech un de Käschte vun der Betreiung an um Encadrement vun hire Kanner bedeelegen - dat ass och ganz richteg esou -, an dat proportional zu hirer finanzieller Situatioun an der Zuel vun de Kanner am Ménage, déi an der Alterskategorie vum Chèque-service, also tëschent null an zwielef, sinn. Do gëtt elo net méi dem Rang no gefuer, wat och richteg ass, well mat all de Famille-recomposéeë wär dat och zimlech schwéier, voire onméiglech ginn, fir dat esou ze maachen.

D'Berechnungsmethod gëtt reforméiert. Grouss Ënnerscheeder wäerten et keng ginn, hunn eis d'Experte vum Ministère opgrond vu Beispiller ausgerechent a verséchert. Wichteg ass och, dass weider beim Chèque-service d'Selektivitéit spillt. Dobäi ass et net nëmme wichteg, dass och a grad déi finanziell méi schwaach gestallte Familljen an engem adaptéierte Mooss kënne profitéieren, mä dass et am Sënn vun der Mixitéit och interessant bleift fir alleguer déi aner Familljen. Alleguer d'Kanner, queesch duerch eis Gesellschaft, solle vun dëse Strukture profitéieren a sollen och an deene Strukture representéiert sinn. Dat ass gutt fir d'Mixitéit, dat ass gutt fir d'Cohésion sociale, och an esou engem Grupp!

De Projet de loi, vun deem mer hei schwätzen, huet, wéi Der alleguer wësst, eng laang Virgeschicht, et ass och scho virdru gesot ginn: 2012 huet d'Familljeministesch Marie-Josée Jacobs dëse Projet de loi déposéiert. Et goufe véier Avise vum Conseil d'État an iwwer 20 Document-parlementairen. Et war also net einfach, fir sech duerch dee Bësch vun Dokumenter hei duerchzekämpfen. Dat just fir ze betounen, dass de Wonsch no méi Qualitéit an der Kannerbetreiung eis scho méi laang beschäftegt. Gedauert huet et awer virun allem wéinst engem Knackpunkt: der Exportabilitéit. Et ass virdru gesot ginn, et sollt een et zwar net méi esou nennen, ma ech nennen et awer esou, fir dass mer hei och alleguer wëssen, vu wat dass mer schwätzen.

Dës Regierung huet opgrond vun der Virgeschicht a Saache Studentebourssen an och opgrond vun den Avise vum Statsrot décidéiert, den CSA, also de Chèque-service, exportabel ze maachen an dass de Chèque-service deemno och soll de Kanner vun de Frontalieren zeguttkommen, wat an eisen Aen och normal a richteg an och gutt ass!

Ob a wéi de Chèque-service och a Strukturen am Ausland ka genotzt ginn, dat gëtt vum Ministère jo mat Jo beäntwert, och wann een do ka gedeelter Meenung sinn, wat d'Interpretatioun vu besteeënde Gesetzestexter ugeet. Fakt ass, dass den Text als Grondkonditioun, fir kënnen d'Demande ze maachen, fir als Prestataire chèque-service unerkannt ze sinn, en Agrément nom ASFT-Gesetz oder en Agrément als Assistant parental opgrond vum Gesetz vun 2007 virschreift. Dës Konditioun soll dann och an de Konditiounen, fir de Chèque-service ze kréien, ageschriwwe ginn. Duerfir kann och hei elo kee vun enger Concurrence déloyale schwätzen, well deen Agrément, déi Konditioune vum Agrément mussen och erfëllt ginn, fir iwwerhaapt de Chèque-service ze kréien, och am Ausland.

Wichteg ass och, dass mer eis bewosst sinn, dass Pabeier gedëlleg ass. Dat muss een hei wëssen. Dat heescht, d'Aarbecht fänkt elo eréischt richteg un. Et ass wichteg ze kucken, wéi dat um Terrain wäert ëmgesat ginn. Mir mussen eis duerfir och bewosst sinn, dass mer dem Personal an dem Beräich vun der Kannerbetreiung mussen déi néideg Moyenen, déi néideg Zäit an uerdentlech Aarbechtskonditioune garantéieren, fir dass dee Wonsch no méi Qualitéit an der Kannerbetreiung net nëmmen e fromme Wonsch bleift.

D'Éducateuren an d'Éducateurs gradués hu sech oft manifestéiert an de leschte Joren an der Ëffentlechkeet, fir och d'Ëffentlechkeet iwwer hir deelweis ganz schwéier Aarbechtskonditiounen ze informéieren a se ze sensibiliséieren. D'Infrastrukturen, wéi déi disposéiert sinn, wéi grouss a wéi kleng a wéi flexibel déi kënnen agedeelt ginn, dass der genuch zur Verfügung stinn, fir dass net enorm grouss Gruppen an engem Heedekaméidi zesumme mussen iessen zu engem Moment, wou d'Kanner grad aus der Schoul kommen, en hallwe Schouldag schonn hanner sech hunn an duerfir och e bësse Rou bräichten, dat alles spillt eng grouss Roll, grad wéi d'Aarbechtsstonne vun de Betreier, déi och Zäit brauche fir d'Preparatioun, Reuniounen an Elterenaarbecht.

Ech kommen nach eng Kéier op déi Rou zréck. Grad an esou Strukturen ass et wichteg, dass een och Rouraim, Plaze schaaft, wou d'Kanner sech kënnen zréckzéien, well se net ëmmer mussen oder well se net ëmmer wëllen och ëmmer alleguer zesumme sinn. Och hei hunn d'Gemengen hir Roll ze spillen. Do muss un der Offer geschafft ginn an do gëtt et och nach vill ze maachen, fir der Demande hei nozekommen.

Um Enn wéilt ech och nach op eng Gefor opmierksam maachen, näämlech op déi vum Système à deux vitesses: also op där enger Säit déi Strukturen, déi hir Aufgab dann och maachen, fir d'Konditioune vum Chèque-service ze erfëllen, an op där anerer Säit déi, deenen dat ze vill Opwand ass, déi dann natierlech kee Chèque-service kréien. Mä de Risiko besteet virun allem op deene Plazen, an deene Regiounen, wou d'Nofro no de Betreiungsplaze fir Kanner méi grouss ass wéi d'Offer. An dat ass mengen Informatiounen no leider nach op verschiddene Plazen hei am Land de Fall. An do kann et da sinn, dass mer do e Système à deux vitesses kréien.

An deem Sënn wier et wichteg, wa mer géifen d'Evolutioun vun dësem Dossier am A behalen an eventuell no enger gewëssener Zäit kucken, wéi de System fonctionnéiert a wou en dann och nach ze verbessere wier.

Ech géif lech Merci soe fir d'Nolauschteren an heimadder dann och den Accord gi vun der LSAP. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Engel. An d'Wuert huet direkt den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Merci, Här President, fir d'Wuert. „Dëst Gesetz ass net bis un d'Enn geduecht", esou huet d'Vertriederin vun der CSV argumentéiert, fir ze soen, datt d'CSV dëst Gesetz net stëmme wäert. „Dëst Gesetz ass net bis zu Enn geduecht", wann een dat seet, mir si mat dësem Gesetz nach net fäerdeg, et geet weider, et ass eng Evolutioun, da kann ech dat deelen. Wann een awer seet - an ech mengen, et war éischter esou -, mir hätten eis misse méi Méi maachen a mir hätte verschidde Punkten ausgelooss, dat deelen ech net! An duerfir huelen ech dann och virewech: Mir wäerten d'Gesetz stëmmen!

D'Madamm Hetto-Gaasch huet, si ass jo nach däitlech méi jonk wéi ech, mä si huet awer och den Avantage, datt se schonn esou laang hei am Haus ass oder mat mir eigentlech zäitlech ugefaangen huet hei. An dee Moment kann een dann och e bëssen zréckblécken op den Ursprong hei vun dësem Gesetz.

Mir haten am Mee 2008 hei am Haus - also virun aacht Joer - de Projet de loi 5685 debattéiert a gestëmmt. Dat ass dunn d'Gesetz vum 4. Juli 2008 iwwert d'Jugend ginn. An haut ännere mer dat. Mä dobäi war d'Gesetz vun 2008 schonn eng Mise à jour oder eng Remise en conformité vum Gesetz vum 27. Februar 1984 iwwert d'Administratioun vum Service National de la Jeunesse. An dëst Gesetz sollt och der allgemenger Entwécklung am Beräich vun der Jugendpolitik Rechnung droen.

An deem Sënn gesinn ech et och esou: Och mat dësem Gesetz wäerte mer nach net um Enn sinn. Mir wäerten och weider den Entwécklungen, déi am Jugendberäich an deene leschte Joren a Jorzéngte souwuel op kommunalem, op nationalem wéi op europäeschem Plang ganz staark evoluéiert hunn, musse Rechnung droen.

D'Populatioun zu Lëtzebuerg huet sech an hirer Zesummesetzung geännert. Mir sinn eent vun deene rare Länner an Europa, wou den Undeel vun deene jonke Leit nach ëmmer grouss ass. Dat ass d'Resultat vun der Immigratioun. Déi Jonk, déi e Garant fir eis Zukunft sinn, déi eis eenzeg Ressource naturelle sinn, sollen hir Plaz an der Gesellschaft fannen. Integratioun, sozial Kohäsioun si keng Optiounen, mä eng Noutwendegkeet!

Duerfir musse mir op ville Pläng schaffen: Mir brauche Jugendhaiser, déi funktionéieren. Mir brauche Betreiungsstrukture fir all eis Kanner, fir déi vu räichen Elteren a fir déi vu manner räichen Elteren, fir Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger. An dës Betreiungsstrukture mussen och vun exzellenter Qualitéit sinn. An déi Qualitéit moosst sech virun allem un der Qualifikatioun vum Personal a vum Personalschlëssel, dat heescht, wéi vill Erwuessener mat wéi enger Formatioun wéi vill Kanner betreie sollen.

Mir wëllen eis Kanner jo net just versuergen, mä op sozialem, emotionalem kognitivem an - an dat ass en Aspekt, deem mer verstäerkt Rechnung droe wëllen - och op sproochlechem Gebitt fërderen. Dat kascht, mä dat ass Geld, dat gutt investéiert ass!

An ech ginn och direkt op zwee Aspekter an. Dat eent ass effektiv den Encadrementsschlëssel, de Personalschlëssel. Ech kommen net derlaanscht, och der Madamm Hetto éischter recht ze ginn, fir ze soen, sechs Kanner ënner zwee Joer pro eng Persoun, datt dat schonn e relativ staarkt Stéck ass. Wa mer vun der Qualitéit schwätzen, da mengen ech, solle mer dat eng Kéier och iwwerdenken a kucken: Wat ass dran, fir dee Schlëssel eventuell anescht ze kréien?

Ech ginn natierlech och dem Här Engel recht, dee gesot huet: „Majo, dat do ass jo awer elo net eng Erfindung vun dëser Regierung!" Dat do ass eppes, wat mer iwwerholl hunn, wat scho laang esou agefouert ginn ass, wat vun der Madamm Jacobs - dat wäert dann och keng ganz gutt gewiescht sinn - esou agefouert ass. Ënnert dem Stréch: Vun eiser Säit si mir gäre bereet, déi doten Diskussioun ze féieren!

An dann en zweete Punkt, wa mer vum Personal schwätzen: Selbstverständlech geet et och ëm d'Formatioun an ëm de Statut vun Erzéier, Sozialpädagogen, Éducateurs gradués. An do sinn ech och der Meenung, datt et extrem wichteg ass, eng Definitioun vun dëse Beruffer ze maachen an en transparente Kompetenzkader opzestelle vun den Aarbechten, déi dës Leit maachen, engersäits am Beräich vun der Betreiung vun de klenge Kanner, awer och an deenen anere Beräicher, wou Sozialpädagogen eben iwwerall bei eis am Land schaffen.

Dat hat ech och schonn zum Deel 2008 gesot. Wat ass dann nei mam Projet de loi 6410, dee mer haut debattéieren an diskutéieren? Ma mir hunn zum Beispill de Begrëff vun der Jugendpolitik ausgeweit, andeems mer an dësem Projet de loi net nëmme vu Jugendleche schwätzen, mä zimlech konsequent vu Kanner a vu Jugendlechen.

Am Artikel 1, d'Ziler vun der Jugendpolitik, do ass zum Beispill bäikomm, datt d'Jugendpolitik sech soll fir Inklusioun a sozial Kohäsioun asetzen. Dat war och ëmmer en Thema. Mir hunn et elo an d'Gesetz geschriwwen.

Et ass och bäikomm «à favoriser la réussite scolaire des enfants et des jeunes et à lutter contre l'abandon scolaire», an de Punkt 13, «à contribuer à l'apprentissage des langues du pays pour favoriser ainsi l'intégration sociale et scolaire». Dat fannen ech gutt. Mir schwätzen zwar engersäits vum nonformale Bildungsberäich an anerersäits vum formale Bildungsberäich, mä datt déi zwee anneneegräifen, dat ass nun emol eng Tatsaach. An deem hu mer jo och Rechnung gedroen, datt mer déi zwee Voleten an engem Ministère zesummebruecht hunn, wat mer e richtege Schratt fannen a wat mer begréissen!

De Lien mat der Schoul ass natierlech ëmmer interessant. Am Beräich vun der Beschoulung vun de Kanner hate mer vill Ännerungen am Laf vun der Zäit. Mir hunn zu Lëtzebuerg eng Verlängerung vun der Schoulflicht gehat, souwuel no uewe wéi no ënnen. D'Kanner musse vu 4 bis 16 Joer haut an d'Schoul goen. Mir hunn ëmmer méi Programm, ëmmer méi heterogen Klassen. Mir haten eng obligatoresch Offer vum Précoce fir d'Gemengen agefouert.

Am Beräich vun der nonformaler Bildung ass d'Entwécklung an deene leschte Joren nach vill méi spektakulär. 2004, dat war dat Joer, wou d'Madamm Hetto an ech eng éischte Kéier an d'Chamber gewielt gi sinn, du louch d'Zuel vun de Betreiungsplazen an de Maisons relais, Foyers de jour, Crèchen a Garderië bei 7.721. Enn 2015, d'Zuel ass scho genannt ginn, louch se bei 51.124, eng immens Entwécklung am Beräich Kannerbetreiung! D'Besoinen u Betreiungsplaze waren esou grouss, datt d'Quantitéit Prioritéit war. Domat wëll ech net soen, datt net och scho vun Ufank u vill Leit sech vill Gedanke gemaach hunn an datt net och vill a gutt geschafft ginn ass. Et ass scho laang eng Qualitéitsoffensiv ugekënnegt ginn. D'Madamm Jacobs, déi déi éischt Versioun vum aktuelle Projet de loi déposéiert hat, hat dat och scho gemaach am Joer 2012.

Nei ass elo mat dësem Gesetz, datt mer konsequent probéieren, d'Qualitéit vum Lëtzebuerger Kannerbetreiungssystem ze definéieren, ze visualiséieren an och ze garantéieren. Wéi wëlle mer dat maachen?

Ech wëll dem honorabele Rapporteur, dem Här Baum, Merci soe fir säi Rapport. En huet e ganz detailléierte Rapport gemaach, souwuel e schrëftleche wéi mëndlechen, soudatt ech just kann op verschidden Aspekter agoen.

Wéi wëlle mer déi Qualitéitssécherung maachen? Ma engersäits duerch en nationale Referenzrame fir d'nonformal Bildung. Deen ass fäerdeg. Dee muss allerdéngs nach ofgeseent gi vun dem Comité.

Zweetens wëlle mer d'Qualitéitssécherung an de Betreiungsariichtunge vu regionalen Agenten iwwerpréiwe loossen. Do sinn elo zwou verschidden Zuele genannt ginn, dat huet mech e bësselchen duerjernee gemaach: 23, 25. Ech hu mech informéiert, et sinn der an-

scheinend 22 plus 3 an der Formation continue, plus dann nach Leit am Sekretariat; also dat ass déi Zuel, déi ech mer dann elo confirméiere gelooss hunn.

Natierlech kann een d'Fro stellen, ob dat duergeet. Ech muss allerdéngs soen, datt 22 oder 25 Leit onendlech mol méi ass wéi keen!

(Hilarité)

A mir hate bis elo keen!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).-* Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Zweetens wëll ech och drun erënneren, datt mer et vergläichbar - e geféierleche Verglach, mä trotzdeem, e läit no - mat de Schoulinspektere maachen. Schoulinspekteren: Mir hunn 20 Arrondissementer, mir wäerten eng 25 Schoulinspekteren hunn. Also hu mer hei awer eng duerchaus vergläichbar Zuel! De Verglach mam Schoulinspekter ass delikat, well en natierlech net kann iwwereneestëmmen, an absolutt net eent zu eent, emol net 1,5 zu 1, well et eben zwee verschidde Systemer sinn.

(Interruption)

Ech schwelgen nach e bëssen an alen Zäiten. Mä mir hunn herno nach e Projet de loi, wa mer zu der Fro vum Reliounsunterrecht kommen, do kommen ech nach eng Kéier zréck a meng al Zäit. Et ass e schéinen Dag haut fir en ehemolege Schoulinspekter.

Wat ech wollt soen zu deem Verglach Schoulinspekter an Agent régional: Et ass natierlech net d'selwecht. D'Schoulinspekteren, där et jo net méi gëtt wéi Agenten, déi sinn de Chef hiérarchique vun deene Leit, déi an der Schoul schaffen. Dat ass jo beim Agent hei net de Fall! Deem säi Chef hiérarchique ass de Chargé de direction vu senger Maison relais oder senger Crèche, wou e schafft. Dat ass e Risenënnerscheed a mir kënnen net als Stat higoen an engem, dee schonn e Chef huet vu sengem Patron, deen duerchaus kann e private sinn oder ee vun enger Gemeng, deem en aneren, en zweeten och nach vum Stat hisetzen. Dat ass net glécklech an dat ass och net denkbar.

Nei kënnt och nach, datt déi Leit, déi an de Betreiungsstrukture schaffen, eng Weiderbildung vun 32 Stonne musse maachen an Zäit vun zwee Joer. Dat entsprécht deem, wat an der Fonction publique och elo deemnächst wäert sinn, wat och fir d'Léierpersonal ass. Dat fanne mir ganz an der Rei. Fir d'Dageseltere sinn et 20 Stonnen am Joer. Dat ass e bësse méi. Dat liicht och an, well déi jo manner an engem Réseau si wéi déi aner. Mir wäerten iwwert d'Koordinéierung an d'Validatioun vun den Inhalter vun där Formation continue och nach munches gewuer ginn, wann dat Ganzt bis fäerdeg ass.

Et ass och iwwert de Système chèque-service gesot ginn, do kommen eng Rei Änderungen, déi mir eigentlech alleguerte begréissen. De Rang vum Kand, dee spillt keng Roll méi. Dat ass eng Entwécklung, déi mer an der Familljepolitik och gesinn. All Kanner sollen d'selwecht behandelt ginn an d'Zuel vun de Kanner an d'Akommeslag vum Haushalt, dat gëtt awer méi staark gekuckt.

Nei ass och, datt de Chèque-service accueil zukünfteg net méi un d'Eltere bezuelt gëtt, mä direkt un deen, deen d'Déngschtleeschtung mécht. An et falen och ewech Chèques-services, déi et bis elo am Sport an an der Musek gi sinn. Do sollen dann déi Mëttelen, déi fir Sport a Musek iwwert d'Chèques-services gelaf sinn, direkt un déi Associatioune goen, déi dat ubidden. Dat fannen ech eigentlech eng gutt Léisung. Do wier een natierlech och frou, fir vläicht nach Detailer vum Minister ze kréien, wéi dat geplangt ass a wéi dat an nächster Zukunft da wäert lafen.

D'Montanten hunn och liicht geännert. Do hat de Rapporteur schonn déi néideg Erklärunge ginn.

E ganz wichtege Punkt, deen och hei diskutéiert ginn ass: dee sougenannten Ewechfall vun der Residenzklausel. Dat war an eisen Aen iwwerfälleg. An Zukunft wäerten och Kanner vu Grenzgänger an de Genoss vu Chèques-services kommen, egal ob dat zu Lëtzebuerg ass oder am Ausland.

Ech erënnere mech drun - ech weess net méi, bei wéi enger Geleeënheet -, datt ech eng Kéier schonn hei an der Chamber gesot hunn, datt den Direkter vum Mierscher Blannenheem, deen och Direkter vun der Accueilstruktur ass - déi hunn och eng Accueilstruktur an deem Blannenheem -, gesot huet: „Ech hu ganz vill Leit aus der Grenzregioun bei mir schaffen, mä déi kënnen hir Kanner net mat an déi Crèche hei bréngen, well se sech déi Crèche net kënne leeschten." Domadder hätte mer dann elo d'Méiglechkeet ginn, datt och déi Leit, déi an där Crèche schaffen, déi aus dem Ausland heihinnerkommen, wann dat si arrangéiert, hir Kanner wéinstens kënne mat an d'Crèche huelen a vun deeneselwechte Servicer kënne profitéiere wéi déi aner.

Et ass natierlech schonn eng berechtegt Fro: Wéi geet dat dann, wann elo och an der Grenzregioun eng Crèche wëllt de Chèque-service vu Lëtzebuerg kréien? Mir kënnen net an d'Grenzregioun kontrolléiere goen, ob déi Leit eng Akkreditatioun hunn, fir kënnen d'Kanner ze versuergen. Mir kënne verlaange vun hinnen, datt si an hirem Land déi hunn. Méi kënne mer net maachen.

Mir kënnen awer e Kontrakt mat deene Leit ofmaachen, wou mer soen: „Wann Dir gäre Sue vun eis hätt, da musst Der eng Rei Konditiounen erfëllen, soss kritt Der déi Suen net vun eis." Wéi déi Konditiounen ausgesinn, do ass e Projet de règlement grand-ducal an der Ausaarbechtung. Dee wäerte mer dann och nach hoffentlech eng Kéier an der Kommissioun nogereecht kréien. Dat fanne mir e korrekte Wee!

Mir kënnen eis drun erënneren, dat baséiert jo op engem Urteel iwwert d'Bourse fir d'Studenten an ech - den Alter ass awer eppes Schéines, wann ee sech u Saache kann erënneren -, ech weess nach ëmmer, de Minister Biltgen huet gesot: „D'Bourse brauchen net exportéiert ze ginn, mir kréie recht!", an: „Et gëtt kee Plang B." Ben, mir haten net recht kritt! Mä wou de Minister recht hat: Et war kee Plang B do! An dunn hu mer eis misse ganz séier e Plang B schafen.

Fir deem hei aus de Féiss ze goen, ass déi Mesure hei do. Wéi vill Kanner vu Frontalieren datt dat betrëfft, doriwwer ginn et Schätzungen, mä ech mengen, do muss ee fairerweis soen, dat si Schätzungen. Déi kënnen an déi eng oder déi aner Richtung e bësselchen iwwert dat erausgoen, wat mer eis eventuell virgestallt hunn.

A mir ass et awer trotzdeem wichteg ze soen, an ech beruffe mech elo net nëmme just op en Urteel vum Europäesche Geriichtshaff, mir ass et einfach wichteg ze soen, datt et selbstverständlech ass, datt mer eis och mussen drop astellen, datt e Wirtschaftswuesstum vu 4,5% an en Zouwuess vu Leit vun 12.000 pro Joer an esou vill Frontalieren, déi all Joers kommen, datt dat net nëmme Suen erabréngt, mä och Sue kascht! Mir sollen dach dozou stoen! Mir kënnen dach net just wëllen den Notzen hu vun där staarker wirtschaftlecher Entwécklung a soen: „Alles, wat eis eppes kascht, do maache mer net mat!" Dat ass fir mech och eng Fro vu Gerechtegkeet, datt mer soen, mir ginn dee Wee, deen d'Regierung hei ebe gaangen ass.

Ob elo vill Crèchë wäerten am Ausland dorop zréckgräifen, dat wäerte mer gesinn. Dat gëtt fir d'Crèchen am noen Ausland net ganz interessant, well wa se eis Kritäre wëllen erfëllen, da musse se méi deier ginn, wéi se am Moment sinn. An dann ass et esou, fir déi Leit, déi net zu Lëtzebuerg schaffen, gëtt dann den Accès net méi accessibel, soudatt ech mengen: Do loosse mer eis iwwerraschen, ech gesinn net an d'Zukunft.

Ech wëll nach ganz kuerz zum Schluss op eppes agoen, wat mech liicht erféiert huet. An dat war d'Erklärung, wat mer dann ënner Selbstbestëmmung vun de Kanner verstinn. Ech muss lech soen, ech verstinn eppes anescht dorënner wéi dat, wat hei ugefouert ginn ass. Also ech trieden derfir an, datt mer eis fir eng Selbstbestëmmung, eng Responsabiliséierung vun de Kanner, e Matbestëmme vun de Kanner staarkmaachen! Wann dat awer elo heescht, datt d'Kanner an de Crèchen net méi mussen hir Spillsaachen araumen, da ginn ech net mat op dee Wee!

Also ech si wierklech erstaunt, datt een dat kann esou interpretéieren! Ech si schonn der Meenung, datt mer effektiv e Wee gi fir méi Participatioun, méi Verantwortung. Mä dat ass awer net e Wee vum Laisser-faire, Laisser-aller! Ech menge souguer, dat ass absolutt de Géigendeel vun esou engem Wee!

(Interruption)

Duerfir war ech awer iwwert déi Aussoen, déi ech hei héieren hunn, och vun lech, Madamm Hetto, schonn zimlech erstaunt, an déi deelen ech op alle Fall net.

Ech géif nach gären déi eng oder déi aner Geschicht zielen, mä, Här President, ech gesinn, meng Auer ass ofgelaf an duerfir soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och ufänke mat engem Merci un den Här Baum fir e ganze fouilléierten an detailléierte Rapport an enger komplexer Matière.

Et ass fir eis, nodeem ech elo hei e puer Interventiounen héieren hunn, mengen ech, emol eng éischt Feststellung ze maachen, wat d'Spillsaachen ugeet: Et ass net esou d'Fro, ob d'Kanner elo d'Spillsaachen ewechraumen oder net. Wat eis vill méi préoccupéiert, dat ass, datt dës Regierung anscheinend d'Famill als hir Spillsaach kuckt! Well wat hei gesot ginn ass, datt elo d'Familljen net géifen ënner Drock gesat ginn, oder do dee Choix, elo kriten d'Familljen eréischt de Choix, dat entsprécht jo iwwerhaapt net der Realitéit!

Ech mengen, et ass jo esou, d'CSV hat et och virdru rappeléiert, datt déi Leit, déi wëllen doheem hir Kanner selwer erzéien, déi materiell Méiglechkeet ëmmer méi ewechgeholl kréien, fir dat ze maachen, well dës Koalitioun bewosst wëllt, datt d'Familljen hir Kanner a Strukture ginn, déi si och mat engem gewëssene pädagogesche Kader ka kontrolléieren!

Wat mer hei gesinn, dat ass och en Zynismus, deen ech net verdroen! Ech muss lech dat ganz éierlech soen.

(Brouhaha)

Ech kann net akzeptéieren, datt mir hei an enger Chambersdebatt Saache gesot kréie wéi: „Wat ass dann, déi puer Honnert Euro, déi déi Leit do ewechgeholl kruten!" Fir vill Leit hei am Land sinn déi puer Honnert Euro eng wichteg Hëllef, fir bei klenge Kanner kënne Pampers kafen ze goen a Käschten ze droen, déi, wa se déi Suen net kréien, wéi dës Regierung et elo gemaach huet, eng grouss finanziell Laascht fir d'Familljen duerstellen!

Et sinn der vill, déi musse sech aktiv beméien, déi hu sech zu engem Kand bekannt, trotz hirer materiell vläicht schwiereger Positioun. Déi Leit solle mer ënnerstëtzen a mir sollen hei net nach higoen a Suen ewechhuelen! An dann nach mat engem Zynismus erklären, datt elo déi Leit eréischt de Choix erméiglecht kréien oder d'Familljen eréischt de Choix erméiglecht kréien!

Wat dës Regierung mat de Famillje mécht, ass fir eis einfach net akzeptabel! Mir hunn eng ganz aner Virstellung. Mir sinn d'accord, mir si souguer frou, datt déi Familljen, déi hir Kanner wëllen a Crèchë ginn, ënnerstëtzt ginn. Dat ass richteg. Awer gläichzäiteg soe mir och als ADR: Déi, déi hir Kanner wëlle selwer erzéien, déi verdéngen déiselwecht Unerkennung an déiselwecht Ënnerstëtzung a mir wëllen de Familljen an deem Sënn de Choix ginn, datt se och materiell d'Méiglechkeet hunn, eng realistesch Méiglechkeet, fir sech ze décidéieren, wat fir eng Méiglechkeet si wëllen huelen, fir hir Kanner ze erzéien, sief et an enger Struktur, sief et doheem.

An et ass och net richteg an eisen Aen, datt déi Elteren, déi da wëllen de Wee vun der Struktur wielen, elo de finanzielle Striptease musse maachen a sech do erklären, wat se verdéngen, wat hiert Akommes ass. Mir ginn e ganz anere Wee. Mir wëllen d'Leit an der Dignitéit loossen! Mir wëllen hir materiell Situatioun respektéieren an hiert Steiergeheimnis respektéieren. Mir wëllen de Leit en Elteregeld ginn, jiddwerengem d'selwecht, deenen, déi d'Kanner doheem erzéien oder déi se an eng Crèche ginn. A mat deem Geld bezuele se d'Crèchen, domadder sinn hir Dignitéit an d'Diskretioun respektéiert. Dat ass e ganz aneren Usaz!

Mä loosse mer elo emol kucken, wat dann d'Gambia-Koalitioun wëllt maache mat deene Kanner, déi se dann uvertraut kritt oder wou se d'Famillje praktesch an eng Situatioun setzt, datt se mussen op Crèchen, op Strukturen, op aner Méiglechkeeten zréckgräifen. Hei ass vill gesot ginn. Mä ech mengen, am éierlechste wor den Här Engel, wou e geschwat huet vun engem „moyen de lutte" praktesch, wéi et och am Rapport steet, fir do d'Familljen op e bestëmmte Wee ze bréngen. Et ass wierklech eng Ëmprogramméierung hei mat dran, eng Ëmprogramméierung!

Mir hunn hei déi grouss Fro: Wat gëtt mat deene Kanner gemaach? A mir als ADR, mir soen: Mir respektéieren dat Recht vun den Elteren, d'Kanner no hiren eegene philosophesche an och reliéise Virstellungen ze erzéien.

De Cadre de référence, deen d'Regierung mécht, ass en anert Bild. De Regierungsprogramm selwer gëtt schonn en anert Bild. An deem Regierungsprogramm zeechent sech of e gewëssent Mësstraue géintiwwer den Elteren. Ech kéint deen elo hei zitéieren, hei gëtt als «meilleure façon», fir d'Kanner ze erzéien, d'«garde d'enfance» proklaméiert, net d'Elteren doheem. Et gëtt gesot am Regierungsprogramm: «Une attention particulière sera réservée aux parents dont les enfants ne fréquentent pas de structure d'éducation et d'accueil.» Dat ass dann do och alt erëm eng Kéier dat Mësstraue géintiwwer den Elteren doheem, dat Gefill, datt d'Elteren doheem hir Kanner schlecht erzéien an datt just Gambia-Strukture se gutt erzéien.

Hei gëtt eng sproochlech Orientatioun am Regierungsprogramm a Richtung Multilinguismus schonn ugekënnegt - Multilinguismus, net Lëtzebuergesch! An et gëtt gesot, datt schonn an deene ganz jonke Joren d'Kanner sollen eng Sexualerzéiung vum Stat kréien, inklusiv iwwer Froe vun Identité sexuelle. An och dat ass an eisen Ae kloer eng Aufgab vun den Elteren.

De Cadre de référence national, dee mer gewise kruten, iwwer honnert Säiten, dee geet néierens, net eng eenzeg Kéier geet deen op d'Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch an, net eng Kéier op iwwer honnert Säiten! Et geet ëmmer nëmme rieds vun „les langues nationales". Dat ass e groussen Ënnerscheed.

Och an dem Rapport, dee mer vum Här Baum virgestallt kruten, steet „de les initier", d'Kanner sollen initiéiert ginn, „à la langue luxembourgeoise". Kee Wuert am Gesetz! Kee Wuert steet am Gesetz, datt dat soll beweisen. Kee Wuert doriwwer steet an dem Cadre de référence national!

Dat Gesetz beschreift Missiounen, awer wat steet hei dran an deem neie Gesetz? Wat sinn dann d'Missioune vun deene Strukturen? Majo, ënner anerem: «œuvrer en faveur de l'égalité des femmes et des hommes», mir schwätzen hei vu ganz klenge Kanner, «promouvoir la solidarité et la compréhension mutuelle (...) dans une société multiculturelle», an «promouvoir la citoyenneté européenne». Mir schwätzen hei vu klenge Kanner! An «contribuer à l'apprentissage des langues du pays», net vum Lëtzebuergeschen eleng op jidde Fall.

Mir hunn also hei, fir et ganz kloer ze soen, e Versuch vun enger Regierung, fir d'Elteren duerch materiellen Drock an d'Richtung ze zwéngen, hir Kanner a Strukturen ze ginn, an d'Kanner an deene Strukture pädagogesch no deene Maximen, no deenen ideologesche Virstellunge fréizäiteg ze beaflossen, déi dës Regierung hir eegen nennt! Dat ass eng Démarche, déi an eisen Aen net akzeptabel ass.

Déi Exportabilitéit, fir och dorobber ze kommen, mir haten de Mëtten driwwer geschwat: Et ass e Sujet voller Kontradiktiounen!

Mä fir d'Éischt wëll ech emol soen, datt dat... Ech mengen, iergendeen hat gesot: „Et war net duerchduecht", dat ass nach fein ausgedréckt, well mir hate keng Zuelen am Virfeld, fir ze soen, wivill Käschten doduerch entstinn, wivill auslännesch Kanner vu Frontalieren et a lëtzebuergesche Strukture géife ginn. Mir hu keng Diskussioun driwwer, datt den Niveau vun de finanzielle Montante jo no de lëtzebuergesche Käschte berechent ginn ass, a wa Strukturen am Ausland deeselwechte Montant kréien, datt dat selbstverständlech Konkurrenzvirdeeler fir Strukturen am Ausland schaaft.

Mir hunn net iwwert d'Mobilitéit geschwat - well vill Frontaliere jo dann hir Kanner och vläicht a Strukturen zu Lëtzebuerg ofginn, wat mam Zuch net méiglech ass, also wou mer méi Autosverkéier schafen. Alles dat hu mer net diskutéiert! Ech wëll och elo net dorobber agoen.

Ech wëll lech soen, de Leit vun dëser Regierung, datt se d'lescht Woch zu Bréissel akzeptéiert huet, inklusiv déi gréng - well déi sinn och an dëser Regierung, an den zukünftege Koalitiounspartner vun der CSV anscheinend! -, inklusiv...

(Interruptions)

...inklusiv, inklusiv déi ganz Regierung huet akzeptéiert bei England - a mir hate virdrun doriwwer geschwat -, datt déiselwecht Regele fir déi ganz Europäesch Unioun solle gëllen, also och fir Lëtzebuerg, datt d'Exportabilitéit kann a Fro gestallt ginn. „Child benefit should not be exported overseas" ass akzeptéiert, kënnt an d'Traitéen!

Da kënnt hei eng Diskussioun ëm d'Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff, déi ënnert deenen neie Konditiounen net méi kann esou bleiwen, wéi se bis elo war! A mir hunn eng Regierung, déi engersäits e Prinzip akzeptéiert an eis dann an deem Projet de loi seet: „Mir maachen dat net aus Iwwerzeegung, déi Exportabilitéit vun de Sozialleeschtungen."

Mir maachen et net aus Iwwerzeegung, wéi eng vun de Parteien et hei gesot huet, mir maachen et aus Angscht virun enger Veruerteelung vum Europäesche Geriichtshaff, ouni iwwerhaapt de Prozess unzefänken, ouni déi nei politesch Ramebedéngungen ze bedenken! Dat ass, wéi déi Däitsch géife soen, vorauseilender Gehorsam. Eng Politik, déi net aus Iwwerzee-

gung eraus kënnt an déi sech an x Kontradiktioune verstréckt!

Eng vun deenen ass déi Affär vun der Mission publique. Eng Missioun... Wéi ass et elo genau? Ech muss den Ausdrock, en ass esou schéin... Eng Mission de service public, déi soll an de Crèchë gemaach ginn zu Diddenuewen, zu Arel oder Gott weess wou, fir d'Leit op eng Scolarisatioun zu Lëtzebuerg virzebereeden.

Et sinn Absurditéiten, déi hei an d'Welt gesat ginn! Absurditéiten, Konstruktiounen iwwer en europäesche Bannemaart an esou weider, fir ze verstoppen, datt dës Regierung de Courage net huet, fir sech fir d'Interesse vum Land an no eise budgetäre Contrainten auszeriichten, fir eng Politik mat Sënn ze maachen!

Mir wëlle jo och keen diskriminéieren. Wann e Frontalier säi Kand hei am Land wëllt an eng Crèche ginn, da soll dat gradesou bezuelt gi wéi fir déi aner Leit. Wa se se wëllen hei am Land scolariséieren, da solle mer dat gradesou erméiglechen, wéinst der Sprooch oder wéinst aner Saachen, wéi fir aner Leit. Dofir si mer alles op.

Mä fir Systemer an d'Welt ze setzen, déi politesch onlogesch sinn, déi juristesch net haltbar sinn an déi virun allem nei Problemer schafen, dat kann dach keng Politik sinn, déi mir solle matdroen! Dat ass dach net denkbar, datt eng Regierung op esou e Wee geet an dann nach vun eis verlaangt, datt mer dat eescht huelen an och nach ënnerstëtzen!

Ech gesinn, et wären nach esou vill schéi Saachen ze soen, mä op déi regional Agente wéilt ech an där leschter Minutt, déi meng Zäit mer erlaabt, nach agoen.

22 plus Universitären. Et kann een dozou soen, dat geet net duer. Se schreiwen ee Rapport am Joer fir all Struktur an da gëtt emol doriwwer gekuckt. Et ass keng effikass Kontroll, dat ass et doudsécher net! Well wann ee sech zwou Wochen am Viraus muss schrëftlech umellen, da brauch een eigentlech keen ze schécken. Ech hunn och e ganz anert Bild vun dem Wäert vun engem Universitär, wéi en ze schécken an eng Crèche, fir e Rapport ze schreiwen, wou eigentlech keng reell Kontroll gemaach gëtt. Mä déi ganz Iddi, datt hei kënne Lëtzebuerger Universitären an d'Ausland goen, fir Lëtzebuerger Gesetzer am Ausland ze kontrolléieren, Dir wäert gesinn, dat hält d'Strooss net!

Ech froen Iech, Här Minister: Hutt Dir den Accord iergendwéini kritt vun der franséischer Regierung, vun der belscher Regierung, vun der däitscher Regierung, datt mer dat däerfe maachen? Kommt Der eis hei net Saachen erzielen, déi Der rechtlech net ofgeséchert hutt? Wou Der nach keng Ahnung hutt, ob et wierklech ka fonctionnéieren?

Dëst Gesetz, wann ech dat däerf resuméieren, Här President, well ech gesinn, datt d'Zäit eriwwer ass, ass duerch an duerch ideologesch! Et ass e Gesetz, wat engem klengen Deel vun de Familljen entgéintkënnt an deene villen anere Famillje weideren Drock schaaft, fir op déi Manéier hir Kanner ze erzéien, op déi se am léifsten hätte wëlle verzichten. An et ass e Gesetz, wat e Koup vu Kontradiktioune mat sech brëngt. Et ass e Gesetz, wat mir als ADR sécher net wäerte stëmmen! A mir wäerten hoffentlech geschwënn eng aner Léisung sichen.

Ech soen Iech Merci.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Très bien!

Une voix.- Hoffentlech net!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Eng Saach ass op jiddwer Fall gutt, dat ass, datt deen heite Projet schlussendlech d'Residenzklausel ofgeschaaft huet. Dat huet, an dat gouf schonn e puermol och hei gesot, dat huet eis op jiddwer Fall scho virun enger Blamage behitt prinzipiell. Mir wieren natierlech als Lénk frou, wann een dat net onbedéngt aus Angscht virun engem Uerteel géif maachen, mä aus Prinzip géif maachen. Well mir mussen eis awer wierklech domadder auseneesetzen - an dat ass net just nëmmen eng Parole -, datt mer ouni den Apport vun de Frontalieren net géife weider funktionéieren.

Ech kann nëmmen drun erënneren, virun e puer Méint nach, wou Frankräich, am Kader vum État d'urgence, Grenzkontrolle gemaach huet - déi zwar absurd waren, well et ass näischt kontrolléiert ginn, awer just d'Stroosse si méi lues gemaach ginn -, datt dunn hei zu Lëtzebuerg immens vill Betriber op eemol ugefaangen hunn ze panikéieren, well d'Mataarbechter staark a Verspéidung koumen, respektiv och midd waren, wat ee ka verstoen. An dat war nach just e klengt Experiment wierklech an engem klengen Tube. Mä wann ee géif gesinn, wann dat sech wierklech verlängert an intensivéiert hätt, dann hätte mer e reelle Problem gehat!

Duerno awer erëm zréck zu de Chèque-servicen, zum Prinzip selwer. Et ass schonn hei gesot ginn, zanter datt de System agefouert gouf ënnert dem Deckmantel vun der sozialer Selektivitéit - dee mir als Lénk prinzipiell ëmmer, ëmmer ofgeleent hunn, well et esou eppes vun net selektiv ass a bestëmmt och net sozial ass, a well mir weiderhi festhalen un universale Rechter, an dat dote brécht prinzipiell mat universale Rechter! -, wat ass geschitt? Betreiungsstrukture si wéi Champignonen aus dem Buedem einfach esou geschoss.

Et ass och doweinst gemaach ginn u sech. Well den Här Lamberty sot virdrun, mir erreeche quasi 80% gratis Betreiung. Neen, neen, neen, guer net! Dat, wat mir erreecht hunn, dat ass eng staatlech Subventionéierung vu private Betreiungsstrukturen. Dat gefält vläicht engem Liberalen, deen normalerweis ëmmer der Meenung ass, datt de Stat esou mann wéi méiglech sech misst an der Ekonomie asetzen. Mä op eemol, wann et drëms geet, mat Steiergelder Privatbetriber kënnen ze ënnerstëtzen, well se vläicht souwisou aneschters net géifen dat hikréien, op eemol ass dat eppes ganz Guddes. Dat huet guer näischt mat gratis Betreiungskultur ze dinn! An dofir hu mir eis ëmmer dogéint gewiert, datt esou eppes geschitt.

Et muss een och elo gesinn, well deen heite Projet de loi ass schlussendlech e Versuch, fir dee ganze Chaos, wat och d'Kontrollqualitéit ugeet, fir deen iergendwéi e bësselchen ze regelen. Dat ass richteg. An et ass op deem Niveau, et kann ee scho soen, datt een do gewësse Fortschrëtter kann dénotéieren, quitte datt mir prinzipiell dee Prinzip souwisou weiderhin - ech kommen nach dorobber zréck - a Fro stellen. Mä et muss ee sech dat awer wierklech virstellen.

D'Qualitéit, an ech kéint och aus ganz gutt informéierter Quell, net meng Mamm dës Kéier, mä eng vu mengen eeleren Niessen, wat och Éducatrice ass hei zu Lëtzebuerg a wat en totale Burn-out gemaach huet, wat d'Qualitéit ubelaangt, well et ass gezwonge ginn, gewësse Saachen ze maachen, déi géint seng Ethik verstoussen als Éducatrice, wat d'Kanner ugeet. Ech wëllt net behaapten, datt dat iwwerall esou de Fall war. Mä op jidde Fall, dann iwwerleet ee sech et zweemol méi, ob ee säi Kand a wat fir eng Crèche brëngt oder a wat fir ee Foyer, Betreiungsstruktur brëngt.

Mä de Problem ass jo och deen, datt mer zu Lëtzebuerg esou vill Manktum hunn, datt d'Eltere souwisou frou sinn, wa se iwwerhaapt eng Plaz fannen an datt se vläicht net méi d'fine Bouche maachen. Bon, dofir kann ee soen, natierlech ass et gutt, wann een e bësse méi Kontroll kritt.

Mä wat ech net verstinn, a wat mir als Lénk net verstinn, dat ass: Wa permanent gesot gëtt, datt all déi verschidde Betreiungsstrukture ganz wichteg si fir d'Inklusioun weiderhin, wat och stëmmt, firwat gi se net genausou behandelt, wéi eppes wat genausou wichteg ass, an dat sinn d'Schoulen? A firwat kann een net hei zu Lëtzebuerg einfach dee Wee aschloen, datt mer soen, datt d'Betreiungsstrukturen ëffentlech sinn zu 90%, zu 95%? Et gëtt natierlech och Privatschoulen, déi konventionéiert sinn. Mä firwat hu mer dee Plang net hei zu Lëtzebuerg? Firwat kënne mer dee Wee net goen?

Well dat heite mécht d'Saach a Wierklechkeet nëmme méi komplizéiert. Engersäits subventionéiert ee privat Betreiungsstrukturen, an duerno muss de Stat och nach äusserst komplex Mechanismen op d'Bee stellen, fir dat kënnen iwwerhaapt ze kontrolléieren, amplaz datt mer wierklech dee Wee géife goe vun enger ëffentlecher Betreiungsstruktur, déi natierlech gratis wier. A wéi finanzéiert een dat? Ma dat finanzéiert een iwwer eng Steierreform, déi déi Räichst an eiser Gesellschaft zur Contributioun géif stellen. Well déi Suen, déi hu mer hei zu Lëtzebuerg. An et ass genau de Géigendeel, deen hei gemaach gëtt.

Et kéint een och nach op aner Saachen agoen, déi awer wierklech problematesch sinn, zum Beispill och, datt déi maximal Contributioun vum Stat erofgeet. Ech mengen, mir hunn do och e Problem vu sozialer Gerechtegkeet hei.

An natierlech och d'Fro, déi sech opdrängt, ass déi vum Personal, och am netkonventionéierte Secteur. Wat ass do de Kollektivvertrag? Ech si mer zu 99% sécher, datt en net ënnert de SAS fält, mä vläicht kann ech nach iwwerzeegt ginn. Dat wier ëmmerhin eng gutt Saach.

Mä mir hunn awer och e Problem vun den Aarbechtskonditiounen a Rétributioune vun dem Personal an deem Beräich, déi wierklech suboptimal sinn, wuel wëssend, datt och ganz oft an deem netkonventionéierte Milieu jo och mat Kuerzzäitverträg geschafft gëtt, déi permanent renouveléiert ginn, wou een do och misst e bësse méi kontrolléieren. Wa mer och eng ITM hätten hei zu Lëtzebuerg, déi iergendwéi zwee Meter kéint goen, da kéint een och nach esou Saache kontrolléieren. Mä dat ass jo och net de Fall. Mir sinn an deem Beräich natierlech och en Entwécklungsland. Mir kënnen eis dat net leeschten, wéi esou vill aner Saachen, wou an anere Länner guer kee Problem a Wierklechkeet besteet.

Trotz eisem prinzipiellen Désaccord iwwerhaapt mat der Approche vun der sozialer Selektivitéit, trotz all deene Problemer, déi dat mat sech brëngt, an obwuel mir hoffen, datt dat iergendeng Kéier an eng aner Richtung géif goen, wäerte mer net géint dee Projet de loi stëmmen. Mir wäerten och net dofir stëmmen. Mir wäerten eis enthalen, well mer trotzdeem versichen, e bësse pragmatesch ze sinn. A mir kënne schonn unerkennen, datt eng Partie modeste Verbesserunge stattfannen, an dogéint wéilte mer och net goen.

Voilà! Ech soen Iech Merci.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Wagner an d'Wuert huet elo den Unterrechtsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Merci och den Intervenanten, ganz besonnesch awer och dem Rapporteur, dem Gilles Baum, dee sech vill Méi gemaach huet an där komplexer Matière, fir eis hei derduerch ze guidéieren. An datt et eng komplex Matière ass, dat hu mer de Mëtteg, denken ech, nach eng Kéier héieren. Dat hu mer virun allem och an deene sëllege Réuniounen, wou Froen an Äntwerte jo awer den Ordre de jour wierklech dominéiert hunn an der Kommissioun, och gesinn. An duerfir e grousse Merci fir déi Aarbecht do.

Ech wéilt nach eng Kéier soen, ëm wat et hei net geet. An do huelen ech direkt Bezuch op de Fernand Kartheiser. Et geet hei net drëms, wou d'Kanner betreit ginn, ob doheem oder ob an enger Struktur. Et geet hei virun allem drëms, datt se gutt betreit ginn! An dat ass d'Suerg vun der Regierung. Sécherlech mussen et Initiative ginn, och wann d'Kanner doheem encadréiert sinn, datt och do mer d'Eltere stäerken, d'Eltere mat responsabiliséieren, fir datt si hirer Aufgab kënne gerecht ginn.

Hei geet et drëms, datt déi, déi betreit ginn an enger Crèche, an enger Maison relais, datt mer do d'Garantie kënne ginn - well dat kënne mer eben haut net, well mer dee System haut net hunn -, datt mer do d'Garantie kënne ginn, datt net nëmmen alles an der Rei ass, mä datt mer wierklech d'Kand an de Mëttelpunkt stellen, d'Kand férderen, d'Kand als Kand eescht huelen, a senger Entwécklungsphas gesinn an et wierklech a senger Entwécklung do stäipen, wou et noutwendeg ass.

Da wéilt ech och nach soen dem Fernand Kartheiser: Et ass keng Erfindung, d'Kannerbetreiung, vun dëser Regierung. Déi Chifferen, déi sinn am Projet de loi, an all den Dokumentatiounen hei ugi ginn zu dësem Projet de loi, wéi d'Kannerbetreiung virun allem zanter 2009, och zanter 2004, mä virun allem zanter dem Chèque-service vun 2009 explodéiert ass. Et deet mer leed, dat war net d'Regierung. Dat ass eng gesellschaftlech Realitéit! Dat ass eng gesellschaftlech Noutwendegkeet, op déi mer hei reagéieren a wou mer musse kucken, eis Politik dann elo auszeriichten.

Da sinn awer eng Rei vun Aussoe jo awer gemaach ginn, déi mech dach staark wonneren a wou ech déi, déi se gemaach hunn, d'Madamm Hetto gehéiert do derzou, awer eng Kéier géif bieden, nach eng Kéier mat sech zu Chouer ze goen an ze kucken, ob een esou Saachen awer ka soen. Wie mengt, wa mer dat heiten elo en place setzen, da géifen herno do frustréiert Kanner oder frustréiert Erwuessener dobäi erauskommen, dee mengt, mer hätten herno hei e System, wou d'Intelligenz vun de Kanner ënnerentwéckelt géif bleiwen - dat ass hei elo just virdru gesot ginn -, da muss ech awer soen, dann hoffen ech, datt dat net esou gemengt war an datt een dat, mat Iech, iergendwann dann awer vläicht nach eng Kéier aus Ärer Virstellungswelt kéint erauskréien.

Well wéi ass d'Situatioun haut, wou mer déi Qualitéitskritären, déi mer elo haut diskutéieren, jo nach guer net hunn? Wou mer also nach keng Formation continue hunn; wou mer also keng Agenten hunn, déi op d'Plaz kucke ginn; wou mer kee Referenzkader hunn, fir ganz kloer ze soen, wat d'Ziler sinn, déi mussen an all deene Strukturen do poursuivéiert ginn; wou d'Strukturen net en obligatorescht pädagogescht Konzept mussen op den Dësch leeën; wou net all Dag muss dokumentéiert ginn, wat da geschafft gëtt, fir deem Konzept do och kënne Rechnung ze droen, wéi ass déi Situatioun dann haut, wa mer dat doten alles aféieren an zu deem Resultat kommen, wat Dir hei elo grad gesot hutt.

An dann ass et jo awer hei och schonn e puermol gesot ginn, wien dann déi dote Situatioun vun haut politesch ze veräntwerten huet, wa se dann esou schlecht ass, wéi Dir dat hei gemaach hutt,...

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ...dat ass awer keen anere wéi d'CSV. Madamm Hetto, ech soen Iech, d'Madamm Jacobs huet déi dote Kritik net verdéngt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Mir wäerten eng ganz Rei vu Fortschrëtter maache mat dësem Gesetz. An ech verheemlechen net, datt op eenzelne Plaze schonn esou geschafft gëtt, wéi mer dat an deem Referenzkader hei fuerderen. Mä mir wëssen, datt et op ville Plazen nach net de Fall ass. An et ass richteg, datt Eenzelner richteg fit sinn doranner an et all Dag gutt virmaachen.

D'lescht Woch war ech selwer nach an enger Maison relais, wou mer eng Pressekonferenz haten, wou mer gewisen hunn, wat mer eigentlech heimadder wëlle bewierken. An et ass och net verwonnerlech, well ganz vill Träger, déi dee Prozess hei jo awer alleguerten - ob déi privat, ob déi ëffentlech, ob déi konventionéiert - alleguerte mat ënnerstëtzen, déi hunn och hei un deem Referenzkader matgeschafft, hir Iwwerleeunge sinn hei mat agefloss, déi hu sech scho laang op deen heite Wee gemaach. E Wee, dee jo offensichtlech hei am Haus net jiddweree wëllt.

Ech sinn awer der Meenung, datt, onofhängeg vun der Trägerstruktur - ob dat e kommerziellen ass, deen natierlech als primäre But ëmmer huet, Benefiss och iergendzwousch ze maachen; ob dat eng Gemeng ass, déi kuckt, hire Bierger e Service ze bidden; ob dat eng konventionéiert Asbl ass, déi kuckt, sech virun allem engem sozialen Zil ze verschreiwen -, datt mer se alleguerte mussen dozou kréien, datt dee Service, dee se de Kanner ubidden, deene Jonken ubidden, datt deen einwandfrei ass, datt deen eben déi generell Kritären do och muss erfëllen.

Mer wäerten duerfir mat dësem Gesetz virun allem d'Kand an de Mëttelpunkt setzen an d'Träger allguerte mat op dee Wee do kréien, fir d'Kand an de Mëttelpunkt ze setzen, well se soss - an do hu mer jo Kontrollmechanismen, mer hu Sanktiounsmechanismen - fréier oder spéider vun deem Marché do wäerte verschwannen.

Ech muss zouginn, datt et eng komplex Matière ass, dat heiten. An dat léisst jo heiansdo dann de Sputt, fir den Doute ze séinen, fir déi eng oder déi aner Fro ëmmer an ëmmer an ëmmer an ëmmer erëm ze stellen, déi net esou einfach ze beäntwerten ass mat Jo oder mat Neen. Et ass eng komplex Matière, well mer hätte gären hei an deem ganzen nonformale Bildungsberäich, deen opgebaut gouf an dee weider am Ausbau ass, Qualitéitskritären, déi iwwerall solle gëllen. Mir hätte gären e Kontrollsystem, deen et haut an där doter Form net gëtt.

Mir mussen awer gläichzäiteg europäesch Spillregele respektéieren, déi mer selwer an Europa mat definéieren an déi mer hei an eise Gesetzer dann och ëmsetzen oder ëmzesetzen hunn. Dorënner fält dann den Accès fir och Netrésidenten, wa se hei zu Lëtzebuerg schaffen. Da si mer awer och a Regelen, a Spillregelen, déi och erëm eng Kéier Europa virgëtt, déi awer och dann normal sinn, wa mer kommerziell Strukturen hunn, déi e Subventionnement vum Stat kréien, wat mer Aide d'État nennen. Da musse mer natierlech och kucken, datt mer eis do conforméieren.

An nieft all deenen Zilsetzungen do, nieft all deene Regelwierker, déi mussen aneneegräifen, jo, do ass et net esou ganz einfach, ëmmer direkt derduerchzegesinn. Mä mir sinn der Meenung, datt mer do d'Aen net sollen zoumaachen. Mir sinn der Meenung, datt mer déi europäesch Regele solle respektéieren. Mir sinn der Meenung, datt mer och Kontroll solle maachen. Mir sinn der Meenung, datt mer och déi Qualitéitsnormen do, trotz alle Schwieregkeeten an trotz alle Komplexitéiten, awer brauchen.

Ech wëll net am Detail nach eng Kéier drop agoen, well eigentlech wier et dorëms gaangen, an de Mëtteg hätt et eigentlech och vill méi dorëms misse goen, wat an de Strukture geschitt a wat d'Kanner kënne mat fortdroe fir hire Liewenswee, wann an enger Crèche oder enger Maison relais no hiren Talenter gekuckt

gëtt, no hirer Kreativitéit, hir natierlech Kreativitéit weider gefërdert gëtt, wann hir Kommunikatiounskompetenze gefërdert ginn.

An ech denken, datt dat natierlech och an enger Mammesprooch muss geschéien, an egal wat fir eng datt et ass, datt dat natierlech och hei zu Lëtzebuerg am Lëtzebuergesche muss geschéien, mä datt et awer och normal ass, datt ee Kanner un déi Sproochen eruféiert, déi awer och an eisem Land permanent präsent sinn.

Ech denken do un d'Loscht un der Bewegung. E jonke Mënsch, deen net selwer op eemol Loscht drun entwéckelt, fir sech permanent ze bewegen - an e jonke Mënsch, e Kand huet den Drang, sech ze bewegen, a mer mussen ëm heiansdo d'Plaz dozou loossen, deen Drang och kënnen auszeliewen an dat eent oder dat anert Talent och domadder ze entwéckelen -, jo, deem feelt herno och eppes am Liewen.

E Kand, e Jonken, dee seng sozial Relatiounen net kann entwéckelen, dee seng Emotiounen net ka matdeelen, och par rapport zu anere Kanner, par rapport zu Erwuessene sech awer och net kann an deem doten Domän ausdrécken, deem feelt herno eppes. An dorëms geet et finalement am Kär hei och vun där Debatt. Mä dat ass mer, muss ech soen, e Stéck wäit ze kuerz komm.

Et ass och nach gesot ginn, datt d'Leit géifen duerjernee kommen, d'Kanner ganz besonnesch, well op Plaze verschidde Regele géife gëllen. Ech muss dach awer emol nach eng Kéier soen, wann ech d'Perspektiv vum Kand huelen, da fannen ech, datt dat eent an dat anert Kand, wat vläicht haut en Alldag huet, wou et moies an en Accueil geet, an d'Maison relais, dann an d'Schoul geet, da mëttes iesse geet, dann erëm zréck an d'Schoul geet, dann erëm an d'Maison relais Hausaufgabe maache geet a vläicht iergendwann dann ofgeholl gëtt an an d'Museksschoul gefouert gëtt oder a soss nach eng Aktivitéit gefouert gëtt, wou eigentlech permanent dann een anere seet, wat et ze maachen huet, datt dat Kand mir eigentlech leeddeet.

An ech denken, datt do e bësse méi Fräiraum, och e bësse méi Eegeninitiativ vum Kand méiglech ass an datt net permanent Regele gëllen, wou en anere seet, wat elo dann déi nächst Aktivitéit ass, déi ze maachen ass, an datt do eng Offer besteet an d'Kand bei där Offer kann décidéieren, wat et dann elo wëllt maachen an där Zäit, an et och emol akzeptéiert gëtt, wann et eng Kéier näischt wëllt maachen, eng Kéier Loft wëllt huelen, eng Kéier Distanz wëllt kréien, datt dat extrem, extrem wichteg ass.

Duerfir kann et net esou sinn, datt mer déiselwecht Regelen an der Schoul hunn, wéi mer herno an der Maison relais hunn, well soss hu mer Kanner, déi friembestëmmt sinn iwwert dee ganzen Dag. An ech denken, datt jiddweree misst mat mer d'accord sinn, datt dat eigentlech, ganz besonnesch fir kleng Kanner, mä och fir grousser an och fir eis Erwuessener, guer net richteg ass.

Här President, ech hunn d'Impressioun, d'Madamm Hetto wéilt eng Fro stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Wann Dir domadder d'accord sidd, gär.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Emmer.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Merci, Här Minister, dass Der dat matkritt hutt. Majo, ech wollt lech am Fong geholl froen: Ech si mat lech d'accord, dass dat net gutt ass, wann d'Kand permanent gesot kritt, wat et sollt maachen, mä sidd Der dann net der Meenung, dass et sënnvoll wier, wa mer eng Kohärenz hätten tëschent deem, wat an der Maison relais géif gesot ginn, an deem, wat an der Schoul géif gesot ginn - de Moment hu mer do keng Kohärenz; an deem engen ass et esou, an deem aneren ass et esou -, a wann een dat géif als Ganzt kucken an et géif een déiselwecht Messagë ginn, dass dat am Intérêt vum Kand wier?

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Jo, ech sinn der Meenung, datt mer e groussen Avantage hunn, datt mer e formale Bildungsberäich hunn an en nonformale Bildungsberäich. A mer solle kucken, datt mer déi net matenee vermëschen, well soss géif d'Plus-value vun deem eenzelne Bildungsberäich op eemol verluer goen, wa mer ze vill géife vermëschen. Ech sinn awer och der Meenung, datt mer vill Koordinatiounbrauchen. Mir hunn e Plan d'encadrement périscolaire, wou all Gemeng ka kucken, wéi hir Schoulen an hir Maison-relaisen zesummeschaffen; ob dat wäit auserneen ass, ob dat ganz no zesummen ass, ob dat quasi eng eenzeg Struktur ass.

Dir wësst, datt mir als Ministère, och well mer als Ministère esou opgestallt sinn, ganz fir integréiert Projete sinn. Mir encouragéieren d'Gemengenautoritéiten, aner Träger, mat op de Wee ze goen, fir hir Strukturen - hei necken d'Buergermeeschtere ganz, ganz hefteg - zesummenzeleeën, an natierlech och den Dagesoflaf duerfir aneschters ze gestalten, net dat ze hunn, wat Dir sot, wou permanent aner Regele gëllen, mä wou mer awer den nonformalen Aspekt an de formalen Aspekt och nach ëmmer erëmerkennen. Ech géif mech wieren dergéint, datt déi Regelen, déi an deem engen Domän géife gëllen, vun deem anere missten iwwerholl ginn oder ëmgedréit. Dat däerf et op jidde Fall do net sinn.

Da wëll ech nach e Wuert zu der Situatioun vun de Frontalierskanner soen. Dir kennt d'Positioun do vun der Regierung. Si ass zanter engem Joer bekannt. Mir hunn dat net aus Angscht virun engem Uerteel gesot, mä mir hu gesot, datt mer eis net nach eng Kéier wéilten um europäesche Plang blaméieren. An do, wou et awer, mengen ech, jiddwerengem zanter Laangem kloer war, datt mer hei e System hunn, deen esou net tragbar ass an deen dat europäescht Regelwierk net respektéiert, näämlech datt mer hei eng Leeschtung ubidden, déi exportabel, am Fachjargon, souzesoen ass, an dat bis elo nach net gemaach hunn, datt dat derzou géif féieren, wa mer dat net géife maachen, datt mer fréier oder spéider géife verurteelt ginn.

A mir wollten net nach eng Kéier eng Situatioun hunn, wéi mer se bei de Bourssen haten, wou mer e ganz generéisen, finanziell extrem generéise System hate just fir d'Résidenten, wou mer dann awer domadder op d'Nues gefall sinn um Europäesche Geriichtshaff, an dann eise System mat vill Gejäiz a Gedeessems duerno hu missen änneren. Dir gleeft mer, ech weess, vu wat ech schwätzen. Dat wollt dës Regierung net nach eng Kéier maachen. An et geet och net, datt ee moies europäesch Rieden hält a mëttes seet, et wéilt ee Leeschtunge wéi déi doten net weider exportéieren. Duerfir fannen ech et normal, datt mer deen dote Schratt gaange sinn.

Zur Fro Crèche am Ausland. Et steet net an deem Text, datt mer elo gären hätten, wann d'Crèchë sech géifen am Ausland implantéieren, fir iwwert dëse System hei hire Service kënne matzefinanzéieren. Dat steet net do!

Mir gesinn awer, datt mer keng Handhab wäerten hunn, fir dat ze évitéieren. Mir gesinn awer, datt mer Handhabe wäerten hunn, fir ganz kloer ze beschreiwen, wéi dat da muss geschéien, wann et am Ausland geschitt: näämlech zu deeneselwechte Konditiounen, wéi et och hei geschitt; zu deeneselwechte Konditiounen, wat d'Qualifikatioun vum Personal ubelaangt; zu deeneselwechte Konditiounen, wat de Personalschlëssel ubelaangt; zu deeneselwechte Konditiounen, wat d'Sproochekompetenze vum Personal ubelaangt; zu deeneselwechte Konditiounen, wat de Referenzkader, wat déi pädagogesch Aarbecht ubelaangt, hei am Land och virgëtt. An och nach de gesamten Agrément, deen am Ausland noutwendeg ass, an dann och nach eis Kontroll do derbäi. Dat sinn d'Konditiounen, déi dann esou eng Struktur muss erfëllen.

Här President, ech hunn d'Impressioun, d'Madamm Hetto wéilt mech nach eng Kéier ënnerbriechen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Wann Dir lech ënnerbrieche loosst.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Dir hutt an Ärer Opzielung eppes vergiess, Här Minister.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Ech hu Respekt virun der Chamber, Här President. Wat gelift?

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Merci fir de Respekt virun der Chamber. Dir hutt an Ärer Opzielung eppes vergiess. Dir hutt ganz kloer am Text stoen, dass déi Prestataire - also déi Haiser - eng Mission de service public hunn en vue vun der Scolarisatioun hei zu Lëtzebuerg.

Duerfir war meng Fro och an der Chamber: Wéi kann dann eng Crèche zu Thionville, zu Arel oder zu Pärel dat maachen? An do wär ech wierklech frou, wann Der eis dat géift erklären.

Merci.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Jo. Also, ech war jo nach net fäerdeg. Wann Der mech net gebremst hätt a mengem Elan, dann hätt ech lech gesot, datt ech der Meenung sinn, entgéint deem, wat op ville Plaze jo an Interviewe behaapt ginn ass, datt dat dote keng deloyal Konkurrenz ass, well exactement déiselwecht Kritären am Ausland missten erfëllt ginn wéi hei zu Lëtzebuerg. Zousätzlech kommen dann och nach déi Kritären, déi de Stat, de franséischen, de belschen oder den däitsche Stat, deene fir en Agrément an hirem Land imposéiert, nach do derbäi.

Ech denken also, datt mer hei näischt maachen, wat derzou wäert féieren, datt et herno zu Lëtzebuerg keng Crèchë méi wäert ginn, mä datt se alleguerten an d'Ausland wäerte goen, well dat do nach vill méi bëlleg wäert goen, an nach vill méi kann domadder Geld verdéngt ginn, wéi dat hei zu Lëtzebuerg wäert de Fall sinn. Ech denken, dat ass awer elo ganz kloer och hei widderluecht.

Nach eng Kéier zum Service public: Mir forcéiere keng Struktur am Ausland, dat doten ze maachen. Wann en Akteur dat dote wëllt maachen, da kënnt e bei eis, an da soe mer, wat d'Konditioune sinn, an da soe mer, et ass seng Décisioun, ob en dat wëllt respektéieren oder net. An zu deene Konditioune gehéiert och, alles vun deem éischte Punkt bis deem leschten - an dee leschten, dat ass d'Kontroll - muss en acceptéieren.

An ech fannen et awer och normal, datt, wa mer higinn als Land a mir soen: „Jo, mir respektéieren déi europäesch Regelen", a mir offréieren déi Servicer do, och dee sozialen Avantage an dee finanziellen Avantage, och de Kanner vun de Frontalieren, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, egal wou déi Crèche ass, egal wou déi Struktur ass, zu Lëtzebuerg oder am Ausland, datt et dann awer dat gutt Recht ass vum lëtzebuergesche Stat, fir ze soen: „Et muss no deene Konditioune geschéien, wéi mir et gären hätten."

An zu deene Konditiounen do gehéiert nun eben awer emol dat, wat Dir elo hei Service public nennt, näämlech d'Preparatioun op e Liewen hei zu Lëtzebuerg, eng Integratioun, d'Preparatioun op d'Integratioun an déi Lëtzebuerger Gesellschaft an d'Preparatioun op de lëtzebuergesche Schoulsystem. Dat soe mir deene Prestataire dann. An dat steet och schwaarz op wäiss do. An dat kënne mer mat dësen Texter hei och akloen.

An dann ass et net un eis, dat ze décidéieren, ob dat gemaach gëtt am Ausland. Dann ass et un deenen Träger, ze décidéieren, ob se dat kënne maachen an och ob se d'Moyene fannen, fir dat do an där Qualitéit, an där Substanz kënnen unzebidden, esou wéi mer et maachen, wéi mer et duerno och wäerte kontrolléieren. A wann et net gemaach ass, da wäerte se och den Accès zum Chèque service kënnen entzu kréien. Esou ass et. Esou hat ech geduecht, mir haten et och schonn e puermol erkläert gehat, mä dann ass et hei nach eng Kéier ganz kloer gemaach ginn.

An eng Feststellung muss ech deelen. Dat ass nach net alles bis an de leschten Dibbelchen op en Enn geduecht. Well mir hu jo schonn ugekënnegt, datt mer nach Etappe wëlle méi wäit goen. An eng Etapp, dat ass - ech betounen et nach eng Kéier - déi méisproocheg Fréiförderung, wou mer der Meenung sinn, datt dat fir eist Land eng besonnesch Erausfuerderung ass.

A wa mer d'Crèchen net mat op deen dote Wee kréien, a wa mer do net d'Kohärenz vun de Crèchen an de Précoce, an d'Spillschoul an duerno an den zweete Cycle eropwuesse kréien, da musse mer alles dat, wat d'Kanner net mat Freed an am Spille léieren, näämlech och Sproochen a Sprooche gären unzewennen, an déi Sproochen opzesaugen, déi se do gebuede kréien, déi se an hirem Environnement an deene Strukture kënnen héieren, da musse se dat mat vill Méi a vill Péng herno fënnef, zéng oder 15 Joer méi spéit léieren. An dat wëlle mer der nächster Generatioun vun deene Jonken, déi hei am Land opwuessen, erspueren. An duerfir komme mer och deemnächst mat deem Projet an d'Chamber.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Minister. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6410 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6410 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hunn 32 Jo-Stëmmen, 25 Nee-Stëmmen an 2 Enthalungen. Domat ass de Projet 6410 adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Alex Bodry), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Marc Angel) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Félix Eischen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Diane Adehm), MM. Laurent Mosar (par M. Marc Spautz), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An déi klassesch Fro: Sidd Der bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann elo zu eisem leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut kommen, d'Interpellatioun vum Här Marc Spautz iwwert de Wäerteunterrecht. Dir wësst, dass d'Riedezäit nom Modell 1 festgelueecht ass. An d'Wuert huet elo direkt den Interpellateur, den Här Marc Spautz.

Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

13. Interpellation de M. Marc Spautz au sujet du cours commun d'éducation aux valeurs

Exposé

M. Marc Spautz *(CSV), interpellateur.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischt wëll ech dem Minister Merci soen, dass hien d'Interpellatioun ugeholl hat. Ech weess, dass an der Chamber manner Begeeschterung war, fir iwwert déi Interpellatioun heibannen ze schwätzen. Dofir dem Minister wierklech Merci, dass hie wéinstens bereet war, sech och der Diskussioun an der Debatt ze stellen.

Ech fannen et och e bësse komesch, wa mer ëmmer schwätze vun der Opwäertung vum Parlament, dass een, wann ee virun dräi Méint zwou Interpellatiounen ugefrot huet, déi an enger Woch kritt, déi eng haut, déi aner muer, an all Kéiers als leschte Punkt um Ordre du jour. Ech weess net, ob et géint meng Persoun geet oder géint meng Partei oder géint d'Oppositioun am Allgemengen, mä ech fannen dat net grad ganz fair!

Ech wëll och dofir zwou Ureegunge maachen, an eng un d'Conférence des Présidents, fir dass se vläicht d'Reglement géif änneren an dass d'Interpellatioune vläicht den éischte Punkt op engem Ordre du jour wieren an net dee leschte Punkt. An dofir géif ech dat dem Chamberspresident an och der Conférence des Présidents als Recommandatioun matginn, dass een dat Reglement géif iwwerschaffen.

Et huet mer awer gläichzäiteg eng Ureegung ginn, dat Ganzt, näämlech fir eng nei Interpellatioun ze froen, awer net iwwert de Wäerteunterrecht, mä iwwer Mobbing! Well dat géif och vläicht hëllefen, eng Kéier iwwer Mobbing ze schwätzen, iwwert déi Aart a Weis. Da kënne mer och eng Kéier eng Interpellatioun doriwwer féieren!

(Hilarité et exclamations)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Also Här Spautz, ech géif dat ni zouloossen, dass Dir gemobbt géift ginn!

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV), interpellateur.-* Positiv ass awer, dass d'Effentlechkeet matkritt, wéi hei mat der Oppositioun verfuer gëtt, dass, wann d'Oppositioun esou eppes mécht, dat gëtt et soss an de Kommissiounen, do ass dat méi gang und gäbe, dass een emol seet: „D'Oppositioun huet souwisou näischt ze soen", oder: „Egal wat Dir hei sot, mir iwwerstëmmen lech souwisou!"

An, Madamm Lorsché, do sinn ech elo e bësse paff, dass grad Dir dat sot, well dat war an Ärer Kommissioun vun dem MDDI, wou näämlech geschwat ginn ass iwwert d'Vëlospist ënnert